

# DE FUUSS

## INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

1 | 2023

BULLETIN
COMMUNAL



*Foto: Georges Koster*
*Cover: Illustration: Mia Kinsch.*
*Mit Genehmigung des SCRIPT*

# DËST STEET HEI DRAN


Mir gi wielen! 2

## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*

Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 5
Les rapports des réunions du conseil communal 22
Zivilstand/État civil 33
Mir gratuléieren 34
Feierwarnung 36
Gold fir de Recyclingzenter Jonglënster! 37
Kee Plastik méi! 38
D'Madame Lurdes Barbosa Bessa schafft am Service nettoyage op der Gemeng Waldbëlleg 38
Gemengewalen 2023 : faire entendre son droit de parole – your vote, your choice ? 40
Meet & Greet 42
Neien Ekippement fir d'Gemeng 44
Nei Leit am Service technique an am Service nettoyage 45

## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

Achtsamkeet an der Spillschoul 47
Kleeschen! 48
Liesen 49
Äispist 50
Musée A Possen 51
Adventsmaart 2022 52
Déi nei Elterevertrieder 52
Maison relais 54

## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*

Société préhistorique luxembourgeoise 56
15 Joer ORT Regioun Mëllerdall 57
Ëmmer Fit 58
D'Aéromodelliste vu Chrëstnech 60
Jonk & Al 62
Uergelfrënn Waldbëlleg 64
KALATOU asbl. 66

## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*

En neie *Reenert* 69
Zwackert, Berdank! 69
Reynard the Fox 70
E Colloque ronderëm de *Reenert* 71
Fir d'éischt ignoréiert, dunn zur Weltliteratur (v)erkläert 72
De Méchel Rodange a Maansgréisst an am neie Frack 74
D'Original vum Fiisschen um Knuedeler 84
En 1972 timbre-poste créé par Foni Tissen à l'effigie du Reenert 86
Diplomer an der Museksschoul 90

## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*

Freckeisener Distillerie 92
E puer Wuert vum Syndicat d'initiative vun der Gemeng Waldbëlleg 94
Impressioune vum Chrëschtmaart 2022 96
Einbruchsprävention 98
Prévention des cambriolages 99

## KLIMAPAKT
### *PACTE CLIMAT*

Klimaberoder 101
Klimaagence 102
Tour du Duerf an der Gemeng Waldbëlleg 104
Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne 2021 an der Gemeng Waldbëlleg: „Besser Loft fir méi Liewensqualitéit" 107
Mëllerdaller Klima-, Energie- an Ëmweltdag 108
D'Heinzelmännercher 109

## WAT ASS LASS?
### *QUE FAIRE ?*

Agenda 110
Gemengerot 111
Restauranten 111


# VILL FREED BEIM LIESEN!
# *BONNE LECTURE !*



Foto: Damaris

# MIR GI WIELEN!

Et ass erëm un engem neie Joer, 2023 huet ugefaangen.

Natierlech huet net alles geännert. Déi meeschte Chantiere bleiwen eis och an dësem Joer erhalen, aus der Pandemie ass eng Endemie ginn – wat léiert een net alles un neie Wierder! A wa mer och erëm a leschter Zäit gutt konnte feieren an erausgoen – Dir gesitt Fotoen doriwwer hei am FUUSS –, da sinn déi schwiereg Zäiten net ouni Suitten un eis erlaanscht gaangen. Campinger a Restauranten hunn zougemaach, esou och de Gudde Kascht zu Haler. Dir gesitt hei eng Foto, wéi all déi Leit aus Redaktioun a Gemeng, déi um FUUSS  matschaffen, am November eng leschte Kéier an dee beléifte Restaurant iesse waren.
Op der Foto si vu lénks: Filipe Soares, Martine Dimmer, David Sonnetti, Isabelle Oberlé, Andrée Henx-Greischer, Marc Barthelemy, Susanne Hangarter, Damaris Pletschette, Pit Beckené. Et konnten net derbäi sinn: Karin Enser, Corinne Meyers,  Kim Ruppert.

Schéi wier natierlech, wann emol eng Kéier d'Wuert vum Joer méi positiv géif kléngen ewéi déi lescht mat Corona, boosteren, Ukrainekrich.

Mee et huet och Positives ginn: Mir hunn e ganz neie *Reenert*, deen op der Titelsäit vun dësem FUUSS seng ambivalent Fréndlechkeet weist. Méi iwwer déi fuschnei Publikatioun vum Educatiounsministère liest Dir an dësem FUUSS.

Et ass schéin, datt ee vun eisen Éierebuergermeeschteren, de Jean-Luc Schleich, do fläisseg matgeschafft huet. Dat léisst hoffe fir d'Joer 2027, an deem mir un eisem Nanettsméchel säin 200. Gebuertsdag erënnere wëllen.

Mir kënnen houfreg sinn op eis vergaange Gemengepäpp, well jo och deen aneren Éierebuergermeeschter, de Gérard Bender interessant Artikele zum FUUSS bäigedroen huet, iwwer d'Realisatioun vum Hentgesbau an iwwer de Marcel Ewers, de laangjäregen Historiker vun der Gemeng Waldbëlleg, deen eis 2022 verlooss huet.

De Marcel Ewers géif sech freeën, datt d'Société préhistorique, an där hie laang Jore Member a President war, elo e schéinen neien Internetsite huet, mat deem si déi interesséiert Bierger iwwer hir Aktivitéiten informéiert. Och dat liest Dir an dësem FUUSS.

Et ass jo esou, datt glécklecherweis all déi Joren déi zwee genannte Buergermeeschteren, an och déi aktuell



Buergermeeschtesch, mat hire Schäfferéit et fir wichteg gehalen hunn, datt d'Gemengenzeitung net nëmmen op d'Aktualitéit ageet, mee och dat villfältegt Veräinsliewen an déi bemierkenswäert räich kulturell a geschichtlech Vergaangenheet vun eiser Gemeng dokumentéiert. Dat war ëmmer eng Prioritéit an et ass net gezéckt ginn, dofir laanscht d'Boxebeen ze gräifen. Dofir gëtt et haut deen ëmfangräiche Fundus u Publikatiounen doriwwer aus dem Buet an dem FUUSS, deen ee kann um Site vun der Gemeng *www.waldbillig.lu* consultéieren.

Datt de Michel Rodange, den André Hentges, d'Ardenner-offensiv an d'Préhistoire do eng grouss Opmierksamkeet kréien, ass nëmmen normal. Heiansdo kënnt et esouguer tëscht deenen Theemeberäicher zu onerwaarten Iwwer-schneidungen. An dëser Nummer vum FUUSS steet en Artikel vum aktuellen Direkter vum INRA, dem Institut national de recherches archéologiques, iwwer säi Grouss-papp, de bekannte Moler Foni Thissen, an déi Timberen, déi dësen entworf hat iwwer de Michel Rodange an de Reenert.

2023 ass e wichtegt Joer: Mir gi wielen! Den 11. Juni si Gemengewalen an am Hierscht, den 8. Oktober déi national Walen. Wann ee gesäit, wéi schlecht et an der Welt op ville Plaze steet mat Demokratie a Matbe-stëmmung, da kann ee sech nëmme freeën doriwwer, datt bei eis fräi Wale méiglech sinn, wou jiddwereen dierf wiele goen. An et soll een dat och maachen, well et ass e kostbaart Recht, dat een net einfach soll lénks leie loossen.

A wa bei den Nationalwalen d'Ausso vu jiddwerengem, deen dierf wiele goen, nëmme fir Awunner mat der Lëtzebuerger Nationalitéit zielt, esou ass et bei de Gemengewalen anescht. Do däerf all groussjäregen Awunner vun der Gemeng wiele goen, an och sech wiele loossen, egal wéi laang en hei wunnt. Auslänner mussen sech dofir an d'Wielerlëschten androe bis de 17. Abrëll, op der Gemeng oder iwwer *www.guichet.lu*. Fir Kandidatin oder Kandidat ze sinn, mellt ee sech beim President vum Haaptwalbüro bis spéitstens den 12. Abrëll. Datumer, wéini dat méiglech ass, gi mat engem Courrier an all Boîte bekannt gemaach. Verpasst déi Walen net, a schwätzt déi Leit ronderëm Iech un, déi vläit net esou doriwwer informéiert sinn.

Den nächste FUUSS kënnt am Juni nach virun de Walen. Bis dohinner alles Guddes am Neie Joer 2023.

*Marc Barthelemy*
*Foto: Personal Gudde Kascht*

**DE FUUSS**

Redaktioun: Marc Barthelemy, Karin Enser,
Corinne Meyers, Isabelle Oberlé.
Fotoen: Damaris Pletschette
Hëllef op der Gemeng: Martine Dimmer, Andrée Greischer, Kim Ruppert, Pit Beckené, Filipe Soares, David Sonnetti
Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter
Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg
Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger Responsabilitéit publizéiert.



*Foto: Damaris*

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explikatioune geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/4

**Sëtzung vum Méindeg, de 25. Juli 2022**

Et waren do:
// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// MEYERS Corinne,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt:
// BENDER Maxime, Conseiller.

De Conseiller BARTHELEMY Marc huet der Conseillère MEYERS Corinne d'Procuratioun ginn, fir a senger Plaz ofzestëmmen.

De Conseiller MICHELS Mike huet dem Conseiller TOBES Romain d'Procuration ginn, fir a senger Plaz ofzestëmmen.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-04-01 | Ernenne vun engem Beamten am Gehältergrupp B1, techneschen Ënnergrupp. |
| 2022-04-02 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-04-03 | Plang fir d'ausserschoulesch Betreiung fir d'Schouljoer 2022/2023. |
| 2022-04-04 | Projet fir de Bau vun engem Club-house mat Tribün beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech. |
| 2022-04-05 | Projet fir d'Astandsetzung vun de Feldweeër op de Lieux-diten „Auf der Reistenhoecht" an „Auf dem Lahr" zu Waldbëlleg. |
| 2022-04-06 | Zesummestelle vun der Ekipp Naturpakt. |
| 2022-04-07 | Ufro fir Parzellen zu Waldbëlleg zesummenzeleeën. |
| 2022-04-08 | Ufro fir eng Konzessioun um Kierfecht zu Waldbëlleg. |
| 2022-04-09 | Subsidufroen. |
| 2022-04-10 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2022-04-11 | „Regionales Fahrradkonzept" am Kader vun der Mobilitéitswoch am September 2022. |

1. De Gemengerot ernennt mat 7 Stëmmen e Gemengebeamten aus dem Gehältergrupp B1, techneschen Ënnergrupp, fir 40 Stonnen d'Woch vum 1. Oktober 2022 un, an der Funktioun vum Responsabele vum techneschen Déngscht.

2. Et si keng Froe vum Gemengerot un de Schäfferot gestallt ginn.

3. De Gemengerot hëllt de Plang fir d'ausserschoulesch Betreiung fir d'Schouljoer 2022/2023 un.

4. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Projet fir de Bau vun engem Club-house mat Tribün beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech unzehuelen. Dëse

Projet gouf vum Bureau Daedalus Engineering vun Hiefenech fir e Gesamtmontant an Héicht vun 2.282.915,70 € opgestallt.

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn fir de Projet No 201286 betreffend d'Erneierung vun de Weeër op de Lieux-diten „Auf der Reistenhoecht" an „Auf dem Lahr" zu Waldbëlleg fir e Montant vun 168.250,00 €.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Punkt iwwer d'Zesummesetzung vum Naturpakt op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn fir d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 415/2957 a 416, déi an der Sektioun B vu Waldbëlleg agedroe sinn, ewéi um Plang dee bei der Demande derbäi ass, zesummenzeleeën.

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, enger Privatpersoun eng Konzessioun vun 30 Joer fir e Kolumbarium um Kierfecht zu Waldbëlleg ze accordéieren.

**9.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, deen heiten Associatiounen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- ONGD-FNEL scouts & guides pour le développement communautaire asbl;
- Dignity soutien aux femmes et aux familles démunies en Inde;
- Ambulanz Wonsch Asbl (lescht Erënnerunge schafen).

**10.** Ënner dem Punkt „2022-04-10 Verschiddenes" ass näischt diskutéiert ginn.

**11.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

2022-04-11 „Regionales Fahrradkonzept" am Kader vun der Mobilitéitswoch am September 2022.

*D'„Regionales Fahrradkonzept" ass a Presenz vum Minister Delles den 9. Juli virgestallt ginn. Un deem Konzept huet den Aarbechtsgrupp Vëlo- a Wanderweeër elo wärend 2 Joer geschafft. Am Kader vun der Mobilitéitswoch am September, déi der Gemeng duerch d'Ausweise vun enger permanenter Mesure Punkten am Klimapakt bréngt, kéint en éischte Vëloswee schonn dëst Joer ëmgesat ginn.*

Mir froen de Gemengerot dem Schäfferot den Optrag ze ginn e Verbindungswee tëschtent den Dierfer aus dem „Regionale Fahrradkonzept" ëmzesetzen. Am Fall wou et néideg gëtt eng deementspriechend „modification budgetaire" virzehuelen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, datt d'Gemeng un der Mobilitéitswoch mat engem eenzegen Evenement deelhëllt, dat dora besteet de Feldwee, dee vu Chrëschtnech op Waldbëlleg bei d'Schoul an deen, dee vun Haler op Waldbëlleg féiert, als Vëlosweeër ze definéieren andeems op dëse Weeër Pictogrammen opgestallt ginn, déi drop opmierksam maachen, datt hei méiglecherweis e Passage vu Vëloe ka sinn.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/5

### Sëtzung vum Dënschdeg, den 20. September 2022

Et waren do:
// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-05-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-05-02 | Järleche Gestiounsplang vun de Gemengebëscher 2023. |
| 2022-05-03 | Informatioun iwwer d'Beméiunge fir Energie anzespueren. |
| 2022-05-04 | Informatioun iwwer d'Evolutioun vun de Gemengechantieren. |

2022-05-05 Unhuele vum Kommunikatiounskonzept am Kader vum Klimapakt 2.0.
2022-05-06 Gewéinlech budgetär Ännerungen.
2022-05-07 Ausseruerdentlech budgetär Ännerungen.
2022-05-08 Konvention mam Club Senior „An der Loupescht".
2022-05-09 Reklassement vu Parzellen zu Chrëschtnech aus dem ëffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz.
2022-05-10 Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Chrëschtnech.
2022-05-11 Avis iwwer d'Klasséieren als nationaalt kulturellt Iewen vun engem Gebai zu Chrëschtnech.
2022-05-12 Zesummesetzung vun der Ekipp Naturpakt.
2022-05-13 Ufro vun den Uergelfrënn Waldbëlleg fir en aussergewéinleche Subsid.
2022-05-14 Subsidufroen.
2022-05-15 Verschiddenes.

**1.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hu folgend Froe eragereecht:

*Mat der Spillplaz am Mëllerdall ass eng weider Attraktioun dohinner komm.*

a) Wéi héich ass de Waasserverbrauch vun der Spillplaz am Mëllerdall, déi iwwer d'Drénkwaasser gespeist gëtt?

De Schäfferot erkläert, datt de Bloc sanitaire am Mëllerdall mat um Zäler vun der Spillplaz hänkt. Den zoustännege Mataarbechter aus dem technëschen Déngscht schätzt dee Verbrauch op 50m$^3$, wann am Summer vill Betrib ass. Wann dëse Verbrauch ofgerechent ass, bleift e Verbrauch vun der Spillplaz fir d'Méint Mee vun 125m$^3$, Juni 142m$^3$, Juli 590m$^3$, August 475m$^3$ (do ass jo e Spill zougedréit ginn) a September 70m$^3$.

b) E Pavillon mat Sëtzméiglechkeeten ass net ëmgesat ginn, wat war hei d'Ursaach? Am Fall wou, ginn et Iwwerleeungen un där Situatioun eppes ze änneren?

De Schäfferot äntwert, datt d'Pergolaen nach net ëmgesat gi sinn, well ofgewaart gëtt wou d'Leit sech versammelen, se sollen dann dohi kommen. Et ginn och nach Hecke geplanzt an d'Haisercher, déi nees an d'Rei gesat goufen, ginn nees opgestallt. Et mussen nach nei Diech drop kommen. Am Kader vum partizipative Prozess ginn déi Aarbechte realiséiert a wäerte bis Ufank Summer fäerdeg sinn.

c) D'Bréck aus dem Kalkewee sollt hei aus Käschtegrënn mat ageplangt ginn, firwat ass dës Iwwerleeung verworf ginn?

De Schäfferot deelt mat, datt d'Gelänner vun där Bréck hätt missen ëmgeännert ginn, fir se op der Spillplaz kënnen ze gebrauchen. D'Gemeng hätt deemno awer keng Käschten agespuert. D'Bréck am Kalkewee gëtt och méi lang do gebraucht, well déi aner Bréck nach net fäerdeg ass.

**2.** De Gemengerot stëmmt deen heite järleche Gestiounsplang iwwer d'Gemengebëscher fir d'Joer 2023:

| | Gehälter | Rechnungen | **Investissementer** | **Einnamen** |
|---|---|---|---|---|
| Nohalteg Gestioun a Schutz vun de Bëscher | 36.950,00 | 45.750,00 | 82.700,00 | 61.700,00 |
| Sensibilisatioun an Informatioun vun der Ëffentlechkeet | 3.000,00 | 7.500,00 | 10.500,00 | |
| Logistik a Personal | 11.500,00 | 17.000,00 | 28.500,00 | |

**3.** De Schäfferot informéiert iwwer d'Energie-Spuermossname vun der Gemeng:

Bei de Kierche gëtt d'Aussebeliichtung ausgemaach, de Schoulhaff ass just nach beliicht bis 20:00 Auer, bei der Sportshal a beim Veräinsbau zu Chrëschtnech ass d'Beliichtung ausgeschalt ginn, bei der Gemeng ass och baussen ausgemaach ginn. Op der Spillplaz am Mëllerdall gëtt och nëmme bis 20:00 Auer beliicht. D'Chrëschtbeliichtung gëtt och zäitlech begrenzt. D'Heizung ass op 20 Grad limitéiert an de Gemengegebaier, och an der Schoul. Mat de Stroosseluuchte gëtt nach gekuckt, de Schäfferot huet e RDV mat der Creos wou iwwer déi geschwat gëtt.

D'Buergermeeschtesch géif et gutt fannen, d'Energie-Spuermoossnamen am Naturpark intern ze klären, datt all Gemeng et änlech géif maachen.

De Conseiller Barthelemy freet de Schäfferot, an der Reunioun mat der Creos nozehake firwat d'Zentral um Freckeisen sou vill beliicht ass, ob se do net kéinte mat Beweegungsmelder schaffen.

De Conseiller Bender freet wéi wäit d'Gemengegebaier op LED ëmgerëscht sinn an ob d'Fraisen iwwer de Klimapakt kënne finanzéiert ginn. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt d'Schoul et nach net ass, just ee Klassesall ass bis elo ëmgerëscht ginn, fir ze kucke wéi déi Luucht ass. Et ass en Devis gefrot ginn, fir d'ganz Schoul, deen héich ausgefall ass. Den technesche Service huet selwer ugefaange mam Ëmrëschte vun engem Sall. An de Wantermëint kann d'Material kaaft ginn an dermat weidergefuer ginn. D'Käschte kënnen iwwer de Klimapakt-Budget lafen. De Conseiller Bender renseignéiert sech och ob den Totem virun der Gemeng nuets kann ausgeschalt ginn. Dëst ass méiglech, da geet en iwwer Tastendrock nees un, e brauch just Zäit.

De Conseiller Michels freet, ob ee Statistiken erauszéie kann, wéi dacks den Totem benotzt gëtt. Dëst ass méiglech. No 22:00 Auer wäert en net benotzt ginn.

**4.** Zu Chrëschtnech bei der Kierch ass den Daach souwäit gedeckt. D'Photovoltaikanlag gëtt vum 26. September u montéiert. Zum Fussballsterrain hi si Flierdermaisklappen agesat ginn. Et ass keng Kolonie Fliedermais méi do, mee et sinn nach eenzeler dobannen. Dowéinst ginn déi Klappe gemaach, da kënnen déi iwwer dee Wee ran a raus. Am Ale Wee Richtung rue Laach zu Waldbëlleg sinn se gutt virukomm mat den Aarbechte vun der Reewaasseraxe. D'Verréierung fir d'Heizungsanlag ass verluecht gi bis an d'Spillschoul. Bei der Gemeng fueren se weider, de Fuussepad soll am September fäerdeg sinn, fir datt d'Kanner mam Bus bei d'grouss Schoul gefouert ginn an da mat engem Begleeder bei d'Spillschoul erofkomme kënnen.

Zu der Präiteler Bréck huet de Schäfferot keng wieder Informatioune kritt, just datt se mat Schaffen ufänken a bis Februar 2024 zou ass.

De Bustransport war e bësse schwiereg mat de Chantieren. Verschidde Schüler aus dem Iechternacher Lycée hunn op der Gemeng nogefrot, d'Gemeng huet sech informéiert fir se ze renseignéieren.

Bei der Heizungsanlag schaffen se un der Fassade, bannen un de Réier, d'Heizung steet schonn do. Un den Iwwergafstatiounen an den eenzele Gebaier gëtt scho geschafft. Bei der Spillschoul kann dat réischt an enger méi laanger Vakanz gemaach ginn. Zil ass bis den 20. November d'Heizung um Lafen ze hunn. D'Alentoure gi parallel gemaach.

D'Aarbechte mam Sidest fänken un erop bei d'Gemeng ze kommen. Den alen Traffo ass ofgerappt ginn, den neien ass a Betrib. Se fuere bis op d'Adress 10, rue de Christnach. D'Strooss bleift viraussiichtlech bis den 22. Dezember zou. Et ass awer bekannt, datt hei vill Fiels ass an d'Warscheinlechkeet grouss ass, datt se op vill Fiels stoussen an dat géif d'Aarbechten nach verzögeren.

Zu Haler beim Precoce si Containere gesat ginn, d'Miwwele sinn dran an d'Enseignante schéngen zefridden ze sinn.

D'Containere bei der Spillschoul sinn och nees riwwer gesat ginn a funktionéieren nees.

Beim Projet Ausbau vun der Gemeng mussen nach archeologesch Sondagë gemaach ginn.

De Projet Buvette um Fussballsterrain zu Chrëschtnech kann ausgeschriwwe ginn.

Mëtt November kritt de Schäfferot d'Gesamtkonzept Schoul vum Büro presentéiert, d'Studien an hir Virschléi. De Projet fir déi dräi weider Säll ze baue ka weiderlafen.

**5.** De Gemengerot hëllt d'Kommunikatiounskonzept vun der Gemeng Waldbëlleg am Kader vum Klimapakt 2.0, esou wéi vum Klimateam proposéiert, un.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de gewéinleche Budget vum Exercice 2022 ze änneren mat engem Surplus un Ausgabe vun 19.358,00 €.

**7.** De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen an 3 Enthalungen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes) déi ausseruerdentlech budgetär Ännerungen, déi de Schäfferot proposéiert huet, unzehuelen.


Foto: Damaris

**8.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis zu der Konventioun an de generelle Konditioune vum Club Senior „An der Loupescht" fir d'Joer 2022.

**9.** De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averständnis, fir d'Parzellen, déi um Kadaster ënner den Nummeren 549/4756 a 549/4757 ënner der Sektioun C vu Chrëschtnech agedroe sinn an eng Gesamtfläch vu 26 Zentiar hunn, aus dem ëffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz ëmzeklasséieren, fir se eventuell ze verkafen.

**10.** De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen, säin Averständnis ze ginn, fir d'Deele vum Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 559/3961 an der Sektioun C vu Chrëschtnech agedroen ass, laut de bäigefügte Pläng an zwou Parzellen ze deelen. Geméiss dem Gemengegesetz hëllt d'Buergermeeschtesch net un dësem Vote deel.

**11.** De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen, e favorabelen Avis ze ginn, fir de Bauerenhaff op 2, A Frongelt zu Chrëschtnech als nationaalt kulturellt Iewe klasséieren ze loossen. Geméiss dem Gemengegesetz hëllt d'Buergermeeschtesch net un dësem Vote deel.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, e Kandidaturopruff ze lancéieren ënner de Bierger aus der Gemeng fir d'Naturpakt Ekipp.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Veräin „Uergelfrënn Waldbëlleg" en aussergewéinleche Subsid an Héicht vun der Hallschent vun de Reparaturkäschte vun der Uergel, spréch 547,40 €, zouzespriechen.

**14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, folgenden Associatiounen e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen:

- Apemh Fondation;
- Pro Vëlo asbl;
- Rial recherche et information sur l'antisémitisme au Luxembourg;
- Union des sociétés avicoles du Grand-Duché de Luxembourg.

**15.** De Conseiller Michels informéiert sech, ob d'Gemeng mat Interactions Kontakt opgeholl huet wéinst der Crèche/Maison relais. D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt Interactions un d'Gemeng erugetrueden ass, fir sech virzestellen an de Schäfferot zwou Maison relaisë mat hinne kucke war. Et ass net an Aussicht eppes un der bestoender Maison relais ze änneren. Dëst ass am Kader vun der Ausschaffung vun dem Konzept Schoul gemaach ginn.

De Conseiller Tobes freet no, ob bekannt ass, ob Leit aus eiser Gemeng Kontakt opgeholl hunn mat där neier Crèche zu Beefort. De Schäfferot huet näischt héieren an denkt, datt déi wéinegst vun eisen Awunner an déi Richtung géife fueren, mee léiwer Richtung Stat.

De Conseiller Tobes schwätzt och vun de Schëlter, déi vu Privatleit an der Moellerdallerstrooss zu Chrëschtnech opgeriicht gi sinn, fir op d'Vitess hinzeweisen. D'Buergermeeschtesch informéiert, datt e Moossapparat fir d'Vitesse opgestallt gëtt. D'Gemeng huet d'Permissioun de voirie dofir ugefrot. Am Comité de prévention vun der Police ass gesot ginn, datt wéi d'Police d'Vitesse do gemooss hunn, dat schnellst 70 km/h do war. Et gouf och vu Ponts et Chaussées proposéiert d'Mauer op der Adress 28, Moellerdallerstrooss zréckzesetzen, fir en Trottoir ze maachen. D'Gemeng muss dofir Terrain kafe vu Privatleit.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/6

### Sëtzung vum Dënschdeg, de 25. Oktober 2022

Et waren do:
// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-06-01 | Nominatioun vun engem Gemengebeamten am Gehältergrupp C1, techneschen Ënnergrupp. |
| 2022-06-02 | Personalaffär. |

| | |
|---|---|
| 2022-06-03 | Froe vun de Membere vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-06-04 | Bewëllegung vun engem onbefristeten Aarbechtskontrakt. |
| 2022-06-05 | Bewëllegung vum Avenant zu der initialer Konventioun vum Logementspakt 2.0. |
| 2022-06-06 | Festleeë vun den Tauxe vun der Grondsteier fir d'Joer 2023. |
| 2022-06-07 | Festleeë vun den Tauxe fir d'Gewerbesteier fir d'Joer 2023. |
| 2022-06-08 | Propose fir d'Ännerung vum interne Reglement vum Recyclingcenter zu Jonglënster betreffend d'Beschränkung vun den acceptéierte Quantitéiten. |
| 2022-06-09 | Tagung zum Klimapakt 2.0. |
| 2022-06-10 | Bewëllegung vun notariellen Akten. |
| 2022-06-11 | Beschloss fir d'Efforte vum Spuere vun Energie. |
| 2022-06-12 | Unhuele vum detailléierten Entwécklungsplang PAP „Henerecht" zu Haler. |
| 2022-06-13 | Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Waldbëlleg. |
| 2022-06-14 | Avenant zu engem temporäre Mietkontrakt. |
| 2022-06-15 | Subsidufroen. |
| 2022-06-16 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988;

- huet d'Conseillère Meyers d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2022-06-17 | Ännerung vum „sens unique" an der Rue de la Montagne zu Waldbëlleg; |

- hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2022-06-18 | Zur Verfügungstelle vun Hygiensartikele fir Fraen an den Toilette vun de Gemengegebaier. |

**1.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir e Gemengebeamten als Stagiaire op e Posten am Gehältergrupp C1, technëschen Ënnergrupp, vum 1. November 2022 un ze nominéieren

**2.** De Gemengerot entscheet, engem Beamten eng Indemnitéit vun 30 Punkte pro Mount ze iwwerweisen fir d'Period vum Ersetze vun der Gemengesekretärin vum 1. Oktober 2021 bis de 15. November 2021.

**3.** D'Conseilleren Bender, Michels an Tobes hunn déi heite Froen un de Schäfferot geriicht an de Schäfferot huet folgendermoosse geäntwert:

*Virun 3 Joer huet de Gemengerot gestëmmt de Camping am Mëtterdall opzekafen.*

- Wéi ee Konzept verfollegt de Schäfferot hei?

Äntwert: De Schäfferot wëll op där Plaz Stellplaze fir Camperen amenagéieren.

- Ginn et Pläng oder en Dokument fir e Projet? A wa jo kënne mir dat virgestallt kréien?

Äntwert: Jo et gëtt Pläng, déi Dir am Unhang fannt. De Schäfferot rifft de Gemengerot eemol, fir se ze presentéieren.

- Aktuell hu mir 2 privat Campingen an der Gemeng, gëtt do eventuell un eng Zesummenaarbecht geduecht?

Äntwert: D'Méiglechkeet géing bestoen zesummenzeschaffen. Et ass awer nach näischt Konkretes an déi Richtung beschwat ginn.

*Ofwaarde bis e verjäert ass, schéngt an der Diskussioun ëm de Réimerwee de Choix vum Schäfferot ze sinn. Mir haten no engem Rendez-vous sur place gefrot, fir eis d'Situatioun unzekucken.*

- Ass mat engem Rendez-vous ze rechnen?

Äntwert: Wann et gewënscht ass, ass et fir de Schäfferot kee Probleem, fir sech d'Situatioun mam Gemengerot ukucken ze goen.

- Ass de Schäfferot gewëllt, an deem Dossier eng Decisioun ze huelen?

Äntwert: Bei der nächster ëffentlecher Verpachtung gëtt dee Wee mat ausgeschriwwen a verpacht.

**4.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Aarbechtskontrakt vun engem Aarbechter an der Karriär E am

techneschen Déngscht zu 40 Stonnen d'Woch vum 15. November 2022 un.

**5.** De Gemengerot bewëllegt déi initial Konventioun vum Logementspakt 2.0 vum 30. September 2021 mam Logementsministär, déi der Gemeng eng finanziell Partizipatioun fir d'Déngschtleeschtung vum Logementsconseiller accordéiert.

**6.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg:

- de selwechten an eenzegen Taux vun der Grondsteier B fir verschidde Kategorië vu Gebaier fir d'Steierjoer 2023 op 300% festzeleeën;
- den Taux fir d'Grondsteier A op 300% festzeleeën.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Tauxe fir d'Gewerbesteier fir d'Steierjoer 2023 an der Gemeng Waldbëlleg op 250% festzeleeën.

**8.** De Gemengerot bewëllegt d'Propose vun der CCN S.A. fir d'Ännerung vun hirem interne Reglement betreffend d'Aschränkung vun den acceptéierte Quantitéiten.

**9.** De Gemengerot bewëllegt d'Iddi, fir an Zesummenaarbecht mam Natur- & Geopark Mëllerdall, d'Tagung vum Klimapakt 2.0 den 12. November 2022 an der Gemeng Waldbëlleg ze organiséieren. Dës Tagung handelt iwwer Theeme vun der nohalteger Notzung vun den Energien an de Ressourcen.

**10.**

a) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum notariallen Akt vum 20. September 2022, betreffend d'Schenkung vun 2 Deeler Akerland geleeën zu Haler, déi um Kadaster ënner den Nummere 782/2371 a 787/2373, Sektioun A vun Haler um Uert „Auf der Hoecht" agedroe sinn. Dës Schenkung huet opgrond vun enger Preuve vun enger Possession annale a légale stattfonnt.

b) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum notariellen Akt vum 20. September 2022 laut deem d'Immobilière Even S.à r.l. der Gemeng no der Realisatioun vun engem detailléierten Entwécklungsplang (PAP) „rue Laach" d'Pompelstatioun an eng Plaz un der Strooss, iwwerléisst.

**11.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Propose vum Schäfferot fir d'Aspuere vun Energie festzehalen an unzewenden. Dës Efforte sinn opgrond vun der Campagne „zesumme spueren – zesummen halen", déi vun der Regierung lancéiert ginn ass, mam Zil d'Gesellschaft derzou ze animéieren Energie ze spueren, proposéiert ginn.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, sech de Proposen, déi vum Schäfferot formuléiert gi sinn, fir de Projet vum detailléierten Entwécklungsplang (PAP) „neie Quartier" ze iwwerschaffen, unzeschléissen. Dëse Projet gouf vu Luxplan S.A. ingénieurs-conseils fir M&F Promotions S.à r.l. ausgeschafft a betrëfft Parzellen, déi zu Haler an der Henerecht leien an eng Gesamtfläch vu 97,45 Ar hunn.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze gi fir d'Deelen an zwee vum Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 566/4440, Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass.

**14.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum zweeten Avenant vum Mietvertrag vum 31. Januar 2022, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg engem Privaten op Zäit en Deel vun engem Wunnhaus zu Haler verlount. Den Avenant besteet an der Verlängerung ëm 6 Méint vum 1. November 2022 bis den 30. Abrëll 2023 an enger liichter Erhéijung vum Loyer, well nach eng zousätzlech Kummer um 1. Stack vum Haus zur Verfügung gestallt gëtt.

**15.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Veräin „Fleegeelteren Lëtzebuerg" e Subsid an Héicht vu 75 € zouzespriechen.

**16.** De Conseiller Bender freet, datt d'sms to citizen och op franséisch verschéckt ginn. Hie schwätzt et un ob et méiglech ass, e Busënnerstand an der rue Michel Rodange opzeriichten. De Schäfferot äntwert, datt do keng Plaz ass an datt d'Gemeng do keen Terrain huet. D'Buergermeeschtesch seet, datt an 2 Méint, wann et mat den Aarbechte klappt wéi virgesinn, de Busarrêt mat Ënnerstand nees an der rue de Christnach genotzt ka ginn.

De Gemengerot schwätzt iwwer déi allgemeng schwiereg Situatioun vum Bustransport, déi am Moment an der Gemeng ass, iwwer d'Retarden an datt de Bus um Freckeisen net méi kënnt. Fir de geplangten Arrêt „um Bierg" zu Chrëschtnech waart de Schäfferot op d'Äntwert vun den RGTR.

De Conseiller Bender schwätzt un, datt d'Rapporte vun de Gemengerotssëtzunge sollen, esou wéi et an enger Gemengerotsëtzung decideiert gi war, spéitstens no zwou Wochen un d'Gemengeconseillere verschéckt ginn, fir se kënnen ze iwwerliesen, ier se public gemaach ginn. Dëst ass leider selte bis ni de Fall gewiescht.

De Conseiller Barthelemy proposéiert en Interview mat potenzielle Wieler am nächste FUUSS, fir d'Leit ze encouragéieren, wielen ze goen.

De Conseiller Tobes freet, mam Touristzenter ze kucken, fir de schwaarze Mann besser auszeschël-deren. Hie rapportéiert vum Drénkwaassercomité vum Naturpark, wou d'Maschinne Kappmaschinn a Gülleseparator virgestallt gi sinn fir den Naturpark. De Schäffe Boonen erkläert, datt de Schäfferot schonn driwwer diskutéiert huet a scho mat der Kappmaschinn hei an der Gemeng probéiert ginn ass, mee datt et net hei funktionéiert well eise Buedem ze schwéier ass. De Gülleseparator géif duerchaus Sënn maachen.

De Conseiller Michels zielt vun der ALA vun Ierpeldeng, déi bäibaut an 30 nei Plaze schaaft, wou och lo Südgemenge sech akafen an eis Gemeng gutt mat hiren 2 Plazen do steet.

D'Buergermeeschtesch erzielt, datt de CIPA zu Jonglënster och ausbaut. Den Direkter vun der Croix-Rouge huet de Projet virgestallt. Si baue bäi fir nach 45 Festbetter an 21 Kuerzzäitbetter. Déi eeler Leit kënnen dann och dohin an d'Vakanz goen oder no engem Kliniksopenthalt bis se nees op de Bee sinn. Eis Gemeng gëtt demnächst ugeschriwwen ob se interesséiert ass nach Zëmmere bäizehuelen.

**17.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemenge-gesetz vum 13. Dezember 1988, huet d'Conseillère Meyers d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

*Ännerung vum „sens unique» an der Rue de la Montagne zu Waldbëlleg*

*2021 hu mir eng Modificatioun vum Circulatiouns-reglement gestëmmt an zwar an der rue de la Montagne eng „Circulation interdite dans les deux sens entre les maisons n°1 et n°5“. Dës Ännerung gouf d'lescht Woch ëmgesat. Ech sinn drop ugeschwat ginn, datt vill Awunner a besonnesch d'Anrainer net frou iwwer dës Decisioun sinn, si hätte léiwer nees en „Allgemeines Fahrverbot“.*

Ech wollt froen ob de Gemengerot kéint decidéieren, dëst nees réckgängeg ze maachen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dat neit Reglement an der rue de la Montagne zu Waldbëlleg, wat de Verkéier an déi zwou Richtungen tëschent den Haiser Nr 1 an Nr 5 verbitt, wärend deene ver-schiddene Phase vun de Schantercher an der Uert-schaft Waldbëlleg ze ënnerbriechen an d'„Circulation interdite“ erëm a Kraaft ze setzen.

**18.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buerger-meeschtesch schrëftlech gefrot, fir dëse Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

*Zur Verfügungstelle vun Hygienesartikele fir Fraen an den Toilette vun de Gemengegebaier. Et ginn national Initiative vun anere Gemengen, de Fraen a Meedercher gratis Hygieneartikelen op ëffentlechen Toiletten zur Verfügung ze stellen.*

Mir wëllen de Schäfferot froen dëse Service och an eiser Gemeng anzeféieren.

De Schäfferot begréisst dës Iddi a proposéiert, dës Artikelen a folgende Gemengegebaier an de Dammen-toilettë gratis unzebidden:

- an der Sportshal zu Waldbëlleg
- am Veräinsbau zu Chrëschtnech
- am Gemengenhaus
- an der Primärschoul fir d'Schüler vum Cycel 4 an d'Enseignanten, je nodeem wat d'Enseignanten doriwwer denken
- op der Heringer Millen an am Sanitärgebai.



Foto: Damaris

# GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/7

**Sëtzung vum Mëttwoch, de 14. Dezember 2022**

Et waren do:
// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc (Punkte 4-21),
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt :

BENDER Maxime, Conseiller, huet dem TOBES Romain eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

BARTHELEMY Marc, Conseiller, huet der MEYERS Corinne eng Procuratioun ginn, fir a sengem Numm ofzestëmmen bis hien do ass.

Ënnert dem Huis clos bei de Punkten 1, 2 an 3 kann net op d'Procuratioun zréckgeraff ginn.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-07-01 | Personalaffär – Perséinleche Supplement zur Pai. |
| 2022-07-02 | Personalaffär – Ännerung vum Gehältergrupp. |
| 2022-07-03 | Ernenne vun engem Bannhidder. |
| 2022-07-04 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-07-05 | Zousäzlech Käschte fir de Projet vun der Zentralheizung an dem Heiznetz an der Strooss „A Kilker" zu Waldbëlleg. |
| 2022-07-06 | Rektifizéierte Budget 2022. |
| 2022-07-07 | Budget 2023. |
| 2022-07-08 | Administrativ Konten a Gestiouns Konten vum Joer 2021. |
| 2022-07-09 | Bewëllegung vun notariellen Akten. |
| 2022-07-10 | Geneemegung vun enger Eenegung iwwert eng Servitüd fir ëffentlechen Notzen. |
| 2022-07-11 | Unhuele vun der Convention iwwer d'Opstelle vum lokalen Aktiounsplang (GAL) Leader Regioun Mëllerdall vum 1. Januar 2023 bis den 31. Dezember 2030. |
| 2022-07-12 | Designéiere vun engem Delegéierten an Ersatz-Delegéierte vum lokalen Aktiounsplang (GAL) Leader Regioun Mëllerdall. |
| 2022-07-13 | Demande fir e Morcellement vun Terrainen zu Haler. |
| 2022-07-14 | Bewëllegung vun enger Conventioun am Kader vun engem Bauprojet. |
| 2022-07-15 | Geneemegung vu Projeten fir d'An d'Rei setze vu Feldweeër zu Chrëschtnech an zu Waldbëlleg. |
| 2022-07-16 | Bewëllegung vun engem Kafvertrag. |
| 2022-07-17 | Delai fir d'Artikelen eranzereechen an den Erschéngungsdatum vum Gemengebulletin De FUUSS 2023-2. |
| 2022-07-18 | Vëlosummer 2023. |
| 2022-07-19 | Susidienufroen. |
| 2022-07-20 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir folgende Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung ze setzen:

| | |
|---|---|
| 2022-07-21 | Demande fir de Gemengerotsmemberen d'Méiglechkeet ze ginn eng Säit pro Conseiller, pro Gemengebuet (De FUUSS) zur Verfügung ze stellen, fir sech kënnen ze expriméieren. |

**De Gemengerot:**

**1.** gëtt säin Averständnis, dass e Gemengebeamten am Stage e perséinleche Supplement zu senger Pai kritt, deen d'Differenz ausmécht tëscht senger Entschiedegung am Stage an der Pai, déi hien an der Karriär E vum Salarié hat viru senger Nominatioun;

**2.** nominéiert e Gemengebeamten an de Gehältergrupp A2, Ënnergrupp mat bestëmmten Attributiounen, Grad 14, vum 1. Dezember 2022 un;

**3.** ernimmt den Här STEIN Gilles als Bannhidder vun der Gemeng Waldbëlleg vum 1. Januar 2023 un;

**4.** huet folgend Froen un de Schäfferot gestalt:

De Conseiller Michels freet no, wéi wäit de Schäfferot ass mat dem Projet vun enger Crèche. De Schäfferot deelt mat, dass am Januar eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot stattfënnt an där de Büro de Projet Masterplang Bildung virstellt

De Conseiller Tobes freet, fir e RDV mam Schäfferot ze kréien, fir de Réimerwee kucken ze goen. D'Buergermeeschtesch bestätegt, en Datum auszemaache fir zesummen op d'Plaz ze goen. Hie freet no ob hätt missen ofgestëmmt ginn iwwer den Devis vun 20.000 € fir de Fuussepad, am Kader vum Feldweeprogramm. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass et sech net ëm e Feldwee, mee e Verbindungswee fir d'Schoul handelt an de Schäfferot vun der Geleeënheet profitéiert huet, fir e matzemaachen wéi d'Réier fir d'Heizzentral verluecht gi sinn. De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwer de Froebou vun der Integratiounskommissioun. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass de Gemengerot e geschéckt kritt.

De Conseiller Tobes freet och no wéi et mam neie Busarrêt um Bierg zu Chrëschtnech ass a mat de Plazen an de Schoulbusser vun der Gemeng. D'Buergermeeschtesch erkläert, dass et mat de Plazen am Chrëschtnecher Bus net méi duergeet an dowéinst d'Personal vum Schoultransport proposéiert huet, fir déi Zäit wou den Haler Bus deviéiert ass, dass e puer Kanner vum Bierg zu Chrëschtnech mam Haler Bus solle matfueren. Et gëtt nach e richtege Busarrêt gebaut an eng Reunioun mat de Leit déi do wunne gehalen, fir ze erkläre wéi den Arrêt soll ausgesinn. De Conseiller Tobes weist drop hin, dass de Bus fir an den Iechternacher Lycée schonn zu Chrëchtnech strubbelvoll ass an dass d'Gemeng sech soll informéiere wéi et an deenen anere Gemengen ass, déi nach op der Streck leien.

De Conseiller Michels freet wéi laang d'Chrëschtnecherstrooss zu Waldbëlleg nach gespaart ass. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass d'Aarbechten nom Kollektivcongé nach ëm zwee Méint wäerte weidergoen, d'Entreprise ass nach net uewen an der Strooss ukomm a verschidden Haususchlëss mussen nach gemaach ginn.

**5.** gëtt säin Averständnis zum Devis vun den zousäzleche Käschte vun der Heizzentral mat Heiznetz an der Strooss „A Kilker" zu Waldbëlleg, opgestallt vun Daedalus Engineering, mat engem Betrag vun 1.580.111,33 € inklusiv TVA an Honorairen. D'Baupräisser sinn eropgaangen a geméiss dem Soumissiounsgesetz si Revisioune vun de Präisser erlaabt;

**6.** stëmmt eenheetlech de rektifizéierte Budget 2022;

**7.** stëmmt mat 5 Stëmme géint 3 Stëmmen (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes) de Budget vum Joer 2023.

D'Buergermeeschtesch huet d'Budgetsdiskussioune mat dëse Wierder agelaut:

„Léif Conseilleren,
Am Numm vum Schäfferot wëll ech eis Budgetsdiskussiounsronn fir d'Joer 2022/2023 opmaachen. Et ass dee leschte Budget an dëser Legislaturperiod virun de Wale vum 11.Juni 2023.
Beim Budget 2017 si mir vu weidere Jore mat wirtschaftlechem Wuesstem ausgaangen. Fir d'éischt koum d'Pandemie, dunn den Ukrainkrich an d'Inflatioun, wat de Budget vun 2023 zu enger Erausfuederung mécht. Och wann den Niveau vun den Dotatiounen nees an Luucht geet, hunn déi enorm Präiserhéijungen souwuel bei der Energie wéi och bei de Baumaterialien en direkten Impakt op eis Gemengefinanzen, an ech fäerten, dass nach méi finanziell Imprevuen bei all eise Projeten op eis duerkommen.
De Schäfferot huet an de leschte Wochen um Budget geschafft. Mir hate gehofft, dass et ouni grousse Prêt kéint goen, du koumen awer déi lescht Woch verschidde Präishaussen, déi richteg an de Portmonni schloen.
Dobäi soll kee Projet komplett fortfalen awer am Detail reduzéiert ginn. Et ass wichteg, dass mir weider investéieren, fir d'Wirtschaft unzekuerbelen, ouni awer eis Tresorerie ze iwwerlaaschten, an eng gewësse Flexibilitéit fir kleng Projeten oder Unvorhersehbares bäibehalen ze kënnen

Am Budget däerfe keng Subsidien agesat ginn, déi nach net offiziell ugefrot goufen. Bei eis mécht dat e Montant vun ca. 700.000 € aus. Mir hunn e Prêt vu 5.500.000 € am Budget agesat awer mir ginn dovun aus, dass deen net ganz gebraucht gëtt. Dës Legislaturperiod gouf nach kee Prêt gemaach."

Fir d'éischt geet de Gemengerot op den ordinären Deel vum Budget an. De Schäfferot erkläert, dass do de Mazout bei der Schoul erofgesat, a beim Atelier an der Gemeng erausgeholl ginn ass a bei der Heizzentral Diesel agesat ginn ass. D'Material fir d'Heizzentral géing bal näischt kaschten.

De Conseiller Tobes seet, dass hie sech déi Fro gestalt hätt, firwat de Mazout vun der Gemeng op null gesat ginn ass. De Schäffe Boonen erkläert, dass d'Gemeng am Januar ugeschloss gëtt an dass am Moment nach eng kleng Reserve an den aneren Tanken ass. De Prescolaire soll ëm Ouschteren ugeschloss ginn. Déi Artikelen iwwer Marketing a Publicitéit, wouriwwer De FUUSS, d'Envoien un all Haushalt an Avise fir an d'Zeitung ofgebucht ginn, sinn am Conseiller Tobes sengen An héich mat 110.000 €. Hie freet ob nach Aspuerunge beim De FUUSS méiglech wieren. D'Buergermeeschtesch erkläert déi Ausgaben esou: D'Gemeng huet d'Flyere méi uspriechend gestalt an den Internetsite kascht och. Den De FUUSS kënnt dës Legislaturperiod just nach zwee mol eraus an no de Wale wier et un denen nächsten ze decidéieren wat gewollt ass. De Conseiller Barthelemy seet dass d'Fraise vum De FUUSS net eropgaange sinn. De Schäffe Boonen fügt derbäi, dass d'Avisen an d'Zeitungen och deier sinn. De Conseiller Tobes freet nach de Chiffer vun de subventions à but culturel nozekucken, dee schéngt net ugepasst ginn ze sinn. Sou wéi am Compte vermierkt freet hien och nozekucken ob d'Artikele fir de Leasing vum Chariot commun mat Konsdref richteg agedroe sinn.

- Le détecteur doit être certifié conforme à la norme harmonisée et être muni d'un marquage CE.
- Den Dampmelder muss konform zu de Norme sinn an e muss mat dem CE Symbol gekennzeechent sinn.

# GOLD FIR DE RECYCLINGZENTER JONGLËNSTER!


URKUNDE

RAL

RÜCK KONSUM

Recyclingcenter Jonglënster,
Junglinster, Luxemburg

RÜCKKONSUM



Recyclingzentere oder Ressource Zentren si scho laang keen Dreckstipp méi, mee Dréi- an Aangelpunkte vun der kommunaler Kreeslafwirtschaft.

Et gëtt e Label dofir, dat vum Däitschen Institut fir Qualitéitssécherung an Etikettéierung RAL geschafe gouf. De Label Rückkonsum bewäert d'Qualitéit vu Recyclingzenteren.

Recyclingzenteren, Gemengen oder Betriber kënne fir hir nohalteg Servicer, déi den Ziler vun der Kreeslafwirtschaft gerecht ginn, esou e Label kréien. Et geet drëm, no bei de Bierger ze sinn an eng nohalteg a propper Notzong vu Ressourcen ze förderen.

„An deem Kontext schwätze mer net méi vun Offall, mee vun End-of-life-Produiten, net méi vun Offall entsuergen, mee vun nei gebrauchen."

An de vum RAL zertifizéierte Recyclingzentere gi Materialien, déi soss einfach verbrannt gi wieren, gesammelt an hannescht an de Gebrauch geholl, also an de wirtschaftleche Kreeslaf. Dofir kréien d'Clienteë a Clientë vum Recyclingzenter Hëllef; se gi beroden an se kréie wann néideg och eng Hand ugepaakt.

Wéi ka wat getrennt ginn, wat geschitt mat de Produkter a wéi en Afloss huet dat op eis Ëmwelt? Awer och: Wat kann evitéiert ginn, wéi eng Produkter maache manner Offall an a wéi enge Produkter si manner Schuedstoffer, déi méiglecherweis beim Recycling stéieren?

E gudde Recyclingzenter ka seng Kandidatur fir de Label Rückkonsum vun RAL stellen. Domat solle kommunal Betriber ervirgehuewe ginn, déi bei der Gestioun vum Offall de Recycling geziilt ustriewen.

De Recycling Center Jonglënster erfëllt zu 96 Prozent d'Ufuerderunge vum Label Rückkonsum vun RAL a kritt domat eng gëllen Auszeechnung.

De President vum RAL Rückkonsum Tom Majeres huet den Zertifikat iwwerreecht un déi 5 Gemengen, déi de Recyclingzenter Jonglënster droen, also Bech, Bäerdref, Jonglënster, Konsdref a Waldbëlleg.

*Romain Tobes (Vertrieder vun der Gemeng Waldbëlleg beim Recyclingzenter Jonglënster)*



## KEE PLASTIK MÉI!

Déi gesetzlech Bestëmmunge verbidden et vun dësem Joer un, bei Fester, Sport- a Kulturevenementer Eewee-Plastikproduiten ze benotzen ewéi Barketten an aner Liewensmëttelbehälter, Telleren a Besteck, Becheren, Tasen a Glieser, Stréihällem a Réierstäbercher, Spiissercher, Fläschen.

Vun 2025 sinn dann déi Eewee-Artikele ëmmer verbueden, egal ob se aus Plastik sinn oder net, grad esou ewéi Gedrénksbéchsen a -kartongen.

D'Benotzung vun alternative Produkter, déi méi dacks kënne benotzt ginn, bedeit natierlech eng aner Organisatioun vun dësen Evenementer. Informatioune ginn et um Internetsite *www.emwelt.lu* ënner der Rubrik Offäll a Ressourcen – Alternatives aux objets à usage unique.

D'Gemenge kënne vu staatlechen Héllefe profitéieren fir d'Aféierung vun Alternativen ewéi Spullweenchen oder industriell Spullmaschinnen.

Et ass méiglech, Ënnerstëtzung ze kréie fir Evenementer, déi d'Critèrë vu Green events anhalen.

Informatiounen: *www.greenevents.lu*

# D'MADAME LURDES BARBOSA BESSA SCHAFFT AM SERVICE NETTOYAGE OP DER GEMENG WALDBËLLEG

*Depuis quand y travaillez-vous ?*

Mon engagement date de l'année 2009.

*Quels sont les aspects agréables de votre travail ?*

Un des aspects agréables de mon travail est que je suis responsable de la propreté, de l'entretien et de l'ordre du hall sportif alors le fait d'accomplir bien mon travail me donne entière satisfaction. De plus, j'ai la possibilité de travailler un jour par semaine accompagnée d'une collègue agréable ce qui change la routine et je trouve que c'est un aspect positif.

*Quels sont les inconvénients de votre travail ?*

Mes plus grands défis sont d'adapter mes propres heures de travail aux heures d'activités scolaires et





sportives des enfants. Un déroulement sans problèmes et à la satisfaction de tout le monde doit être assuré.

*Où avez-vous travaillé avant d'arriver à Waldbillig ?*

Je tenais un petit commerce d'alimentation.

*Que souhaitez-vous pour l'avenir concernant votre travail ?*

Mon travail se déroule à satisfaction et ainsi je ne voudrais rien y changer.

*Comment considérez-vous la commune de Waldbillig comme lieu de vie ?*

Je n'habite pas dans la commune de Waldbillig.

*Estimez-vous que la commune devrait rester indépendante, ou au contraire fusionner avec des communes voisines ?*

Je préfère le principe de grandes communes, qui ont plus de moyens que les petites. Ainsi je suis pour la fusion avec des communes avoisinantes.

*Que faites-vous en rentrant après votre travail ?*

En rentrant je m'occupe de mon ménage et en plus je gâte mon chat.

*Quels sont vos loisirs préférés ?*

Je profite des heures libres pour faire du vélo et écouter de la musique. En plus, j'aime m'occuper de plantes et fleurs.



Foto: Isabelle Oberlé

# GEMENGEWALEN 2023 : FAIRE ENTENDRE SON DROIT DE PAROLE – YOUR VOTE, YOUR CHOICE ?

Di nächst Gemengewale fannen den 11. Juni 2023 statt. Fir d'alleréischt kënnen di net-lëtzebuergesch Residenten, déi manner ewéi 5 Joer hei am Land wunnen, d'Conseilleren an de Gemenge wielen.

Mir hunn dräi vun eisen auslännesche Matbierger an eng vun de jonken Neiwielerinne gefrot, ob si vun dem neie Gesetz vu Juli 2022 Gebrauch maachen a mat hirem Vott méi aktiv um Gemengeliewen deelhuele wëllen.

***Les prochaines élections communales auront lieu le 11 juin 2023. D'après la loi modifiée en juillet 2022, les résidents non-luxembourgeois vivant dans notre pays depuis moins de 5 ans, peuvent exercer leur droit de vote pour choisir les conseillers communaux. Le but est d'encourager un plus grand nombre de citoyens de participer au processus électoral.***

***Nous avons interrogé trois de nos résidents d'origine non-luxembourgeoise s'ils entendent, par leur droit de vote, participer plus activement à la vie de leur commune.***

**The next municipal elections will take place on 11th June 2023. For the first time, non-Luxembourgish residents who have been living here for less than 5 years can elect the future councillors in their municipality, thanks to the 2022 changes in the voting law. Hopefully more people will now take part in the electoral process.**

**We have asked three non-native residents if they will make use of their right to vote.**

*Isabelle Oberlé*
*Marc Barthelemy*

**Adrian O'Sullivan (UK)**

*How long have you been in the country?*

30 years.



*Do you know that every resident over the age of 18 can vote, regardless of how long she or he has lived in the municipality and what nationality she or he has?*

Yes.

*Are you going to vote? Why (not)?*

Yes – I must as I'm also now a Luxembourger. I did vote prior to becoming one.

*Do you feel well informed about the political discussions and decisions in the municipality?*

Unfortunately not. When voting I have tended to base choices on National/Party discussions rather than local.

*How do you inform yourself?*

I don't, which is why I'm poorly informed. My fault.

*What would you like to be better in this regard?*

Inform myself more.

*How do you like our area, in and around the municipality of Waldbillig?*

Love it. The best part of the country!

*Do you feel sufficiently informed about the associations and activities in our municipality?*

Unfortunately not. My fault.

*What kind of place does our community need so that the residents can regularly meet and exchange ideas?*

Probably an electronic place rather than a physical one. Accessible and available at all times, and physical places already exist if anything needs to progress there.

## Consolate (Kongo) et son mari Gil (Togo)

*Depuis combien de temps habitez-vous ici ?*

Depuis 11 ans.

*Savez-vous que tout habitant âgé de plus de 18 ans peut voter, indépendamment de l'ancienneté de sa résidence dans la commune et de sa nationalité ?*

Oui.

*Allez-vous voter ? Pourquoi (pas) ?*

Non, nous n'irons pas encore voter cette fois-ci. Nous voudrions d'abord mieux nous informer sur la législation et la vie politique au Luxembourg. Nous connaissons Madame la Bourgmestre mais pas les conseillers communaux. Nous devrions nous informer davantage, mais ce n'est pas toujours possible faute de temps.

*Vous sentez-vous bien informés des discussions et des décisions politiques dans la municipalité ? Comment vous informez-vous ? Que voudriez-vous améliorer à cet égard ?*

Grâce au „FUUSS" nous sommes bien informés sur ce qui se passe dans la commune de Waldbillig.

*Comment appréciez-vous notre région, dans la commune de Waldbillig et les alentours ?*

C'est une très belle région, calme, mais aussi touristique. Nous vivons dans un coin tranquille, proche de la nature et avec des voisins très agréables. On se plaît vraiment bien ici.

*Vous sentez-vous suffisamment informés sur les associations et les activités de notre commune ?*

Nous lisons régulièrement le „FUUSS" et sommes donc bien informés sur les diverses associations et leurs offres. En ce moment il nous faudrait juste un peu plus de temps pour joindre un club.

*De quel type d'endroit notre communauté a-t-elle besoin pour que les résidents puissent se rencontrer et s'échanger régulièrement ?*

Nous n'avons pas vraiment de suggestions à faire.

## Leyla, kritt 2023 seng 18 Joer

*Wéi al sidd Dir?*

17 Joer.

*Wësst Dir, datt all Awunnerin an Awunner iwwer 18 Joer ka wiele goen, egal, wéi laang si oder hien an der Gemeng wunnt a wéi eng Nationalitéit si oder hien huet?*

Jo.

*Gitt Dir wielen? Firwat (net)?*

Jo, ech gi wielen, well et net nëmmen eng Walpflicht gëtt, mee well et och erwaart gëtt an et wichteg ass, iergendwéi un der Landespolitik ze participéieren.

*Fillt Dir Iech gutt informéiert iwwer déi politesch Diskussiounen an Decisiounen an der Gemeng? Wéi informéiert Dir Iech? Wat géift Dir Iech an deem Zesummenhang wënschen, datt besser gemaach géif ginn?*

Ech sinn éierlech gesot manner gutt iwwer d'Gemengepolitik informéiert, wat awer och dru läit, datt ech mech net sou dofir interesséieren. Ech sinn an souwäit informéiert vun deem, wat ech doheem opschnappen. Ech si mer awer och net sécher, wéi een dat ännere kéint. Et kann een sech bestëmmt gutt informéieren, wann ee probéiert.

*Wéi gefält Iech eis Géigend, an a ronderëm d'Gemeng Waldbëlleg?*

D'Géigend ass un sech schéin an och gutt an der Rei gehalen, daat eenzegt wat am Moment stéiert, sinn d'Bauaarbechten zu Waldbëlleg.

*Fillt Dir Iech genuch informéiert iwwer d'Associatiounen an d'Aktivitéiten an eiser Gemeng?*

Ech mengen aus der Zäit vun der Primärschoul nach relativ gutt iwwer déi verschidden Associatiounen an Aktivitéiten opgekläert ze sinn. Wann ech vun iergendenger näischt weess, ass mer dat logescherweis och nach ni opgefall.

*Wéi eng Plaz bräicht eis Gemeng, datt d'Awunner sech kéinten treffen a reegelméisseg austauschen?*

Ech menge Plaz misst do sinn, et gëtt jo de Fuussebau. D'Fro ass éischter ob d'Nofro do ass an dann ee prett ass alles ze organiséieren.

# MEET & GREET



Den 23. September war d'Receptioun fir déi nei Bierger, also déi, déi rezent an d'Gemeng Waldbëlleg geplënnert sinn. Et ass drëm gaangen, si ze begréissen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, op enger Plaz alles gewuer ze ginn, wat fir e Bierger vun eiser Gemeng kéint wichteg oder interessant sinn.

De Schäfferot an d'Integratiounskommissioun haten all déi concernéiert Leit invitéiert an d'Localitéite vum technesche Service, nieft der Sportshal. Do konnte sech d'Visiteuren op verschiddene Stänn informéieren iwwer d'Servicer vun der Gemeng, iwwer Prozeduren an och iwwer d'Veräiner an Associatiounen, déi et an der Gemeng gëtt.



An d'Sängerinnen a Sänger aus der Gemeng hu mat engem Ständchen eng flott Stëmmung mat erabruecht.

*Marc Barthelemy*






MULLERTHAL TRAIL




AMC




CIS Waldbillig
CGDIS

# NEIEN EKIPPEMENT FIR D'GEMENG



D'Gemeng huet am Laf vum Joer e puer nei Gefierer an neit Material fir hiren techneschen Déngscht kaf. Eent vun dëse Gefierer ass en neien Hakenliftanhänger fir den Ofrollcontainer, den eisen alen ersetzt. Dësen ass geduecht fir den Transport vun eisem Bagger an och anere Materialien, wéi zum Beispill d'Hackschnëtzel fir an eis nei Hackschnëtzelanlag ze féieren.

Da gouf och een Opsetzméier ersat vun der Firma Iseki, dee geduecht ass fir de Fussballsterrain an aner gréisser Flächen an der Gemeng ze méien.

No den Iwwerschwemmungen an de leschte Joren huet d'Gemeng och zwou Pompele fir hanner den Trakter kaaft, fir kënnen an Zukunft séier ze hëllefen.

Fir eng méi ekologesch Mobilitéit huet d'Gemeng en elektresch ugedriwwene Renault Zoe ugeschaaft, dee vum gesamte Gemengepersonal genotzt ka ginn.

*Gilles Stein*











# NEI LEIT AM SERVICE TECHNIQUE AN AM SERVICE NETTOYAGE

**D'Gemeng krut Verstäerkung am techneschen Déngscht – Häerzlech Wëllkomm bei eis!**







Den 1. Oktober huet eisen neie Responsabel vum techneschen Déngscht, de **Gilles Stein** vu Bäerdref ugefaangen, bei eis ze schaffen. De Gilles huet vum 1. Dezember 2014, bis hie bei eis komm ass, op der Stater Gemeng geschafft an huet deemno eng laangjäreg Erfarung als technesche Gemengebeamten.

Zënter dem 15. Juli verstäerkt de **Kerry Dullnig** vu Chrëschtnech d'Ekipp vun de Gemengenaarbechter.

An op de 15. November huet de Schäfferot de **Kim Scheuren** vu Konsdref agestallt.

Mir wëllen de Gilles, de Kerry an de Kim häerzlech Wëllkomm heeschen a wënschen hinne vill Freed a berufflech Erfëllung bei eis an der Gemeng Waldbëlleg!



**De Service nettoyage krut och Ënnerstëtzung!**



Zanter dem 20. Juni 2022 ersetzt d'Madamm **Jaldaze Ahmeti Bahtijari** vu Waldbëlleg e Congé parental am Botzservice vun de Gemengegebaier.

Mir heeschen d'Jaldaze häerzlech Wëllkomm a wënschen hir vill Freed, fir bei eis ze schaffen!



# SCHOUL & MAISON RELAIS // *ÉCOLE & MAISON RELAIS*

## Achtsamkeet an der Spillschoul






An eiser oft hektescher Zäit ass et souwuel fir Erwuessener wéi leider och scho fir eis Klengst net ëmmer einfach Momenter vu Rou am Alldag ze fannen. Sech op sech selwer konzentréieren, bei sech sinn, frëndlech awer och mateneen ëmgoen, sech Zäit huelen, Beweegung a Rou ofwiesselen – dëst alles sinn Elementer, déi an der Achtsamkeet eng Roll spillen.

De Centre de compétence pour le développement socio-émotionnel bitt heizou ee Programm un, dee speziell fir den C1 geduecht ass. Nodeems d'Léierinnen aus der Spillschoul eng Formatioun matgemaach hunn, kennt all 2 Wochen ee Coach vum Centre bei eis an d'Klassen a mécht mat de Kanner verschidden Übungen zu dësem Sujet. D'Stonn gëtt ëmmer mat der Klangschuel, där mir probéiere konzentréiert nozelauschteren, ugefaangen an hält och domat erëm op.

Wärend der Stonn sti verschidden Aktivitéiten um Programm: Som planzen a Gedold weise bis eppes wiisst, sech ee Steen genau ukucken, wäertschätzend matenee schwätzen, Geschichten iwwer Frëndschaft a Mateneen. Och Yogaübungen an eisen Otem, dee gudde Frënd, deen ëmmer bei eis ass, spillen eng grouss Roll. En Theaterstéck iwwert eis Gefiller ass och mat Poppe virgespillt ginn.

Vill Übunge ginn e puermol an der Woch widderholl, fir sou eng Routine opzebauen. Et ass net ëmmer einfach, zur Rou ze komme mee mir bleiwen drun!







## Kleeschen!

De Kleeschen huet de Kanner aus der Spillschoul vill Freed bruecht. Well si esou schei gesongen a gedanzt haten, konnte si sech iwwer Bicher, e gudde Boxemännchen a flott nei Spillsaache freeen! Merci leiwe Kleeschen.



## Liesen

Nach zwei Jahren pandemiebedingter Pause war Tina Kemnitz dieses Jahr im Oktober wieder bei uns in der Schule zu Besuch. In ihrer Buchempfehlungsshow hat sie den Zyklen 2 bis 4 tolle Bücher auf unterhaltsame und spielerische Art und Weise vorgestellt, die sich die Kinder in der Schulbibliothek ausleihen können.








# Äispist

De leschte Schouldag virun der Chrëschtvakanz si mir mam ganze Cycle 4 op Beefort op d'Äispist gefuer. Op der Äispist kanns du entweder Schlittschong ausléinen oder du kanns och deng eege Schlittschong mathuelen. Wichteg sinn och d'Händschen, well ouni Händschen duerfe mir net op d'Äis.

Verschiddener vun eis konnten net sou gutt Schlittschong fueren an duerfir hunn si Pinguinen, Äisbieren oder Lokomotiven ausgeléint. Mir hate vill Spaass.

*Louis a Philippe aus dem Cycle 4.2*




















## Musée A Possen

Ë Mëttwoch, de 14. Dezember si mir mam Bus op Bech-Klengmaacher an de Musée „A Possen" gefuer.

Et war ganz cool. Mir haten 3 Atelieren ze maachen. Mir hu geléiert, wei ee bitzt. Dofir konnte mir ee Petzi bitzen. Nodeems mir de Petzi gebitzt haten, hu mir eppes Klenges giess an duerno hu mir den zweeten Atelier gemaach. Dat war ee Rallye wou mir ee klengt Bichelche mat Froen an ee Stëft kruten. Ee Monsieur, deen do schafft, huet eis erkläert, dass mir de grénge Feiler nogoe missten. Do krute mir en éischten Abléck an de Musée a mir hu vill Saache gesinn, zum Beispill al Poppe mat deenen si fréier gespillt hunn. Mir hunn och déi al Schoulbänke gesinn. Dunn war och schonns Zäit fir d'Mëttegiessen. Mëttes huet dunn nach eng Madamm eis duerch de ganze Musée gefouert. Si huet eis d'Geschicht vun der Famill Post erzielt. Dës Famill huet am 400 Joer alen Haus gewunnt, dat elo zum Musée ginn ass. D'Madamm huet eis gesot, dass d'Famill Post och an dem Haus gewunnt huet wärend dem 1. an 2. Weltkrich. D'Haus ass wärend den Iwwerschwemmunge stoe bliwwen. Déi lescht Famill Post war 1965 net méi Proprietärin. 1629 war d'Pescht do, well d'Haiser sou onhygienesch waren. Dowéinst waren d'Raten iwwerall. D'Famill Post huet et allerdéngs gutt iwwerstanen. Déi schwaarz Kichen huet eis gutt gefall, well do al a cool Maschinne stounge mat deenen si fréier geschafft hunn. Dat hu mir ganz interessant fonnt. Leider war dunn eise schéinen Dag eriwwer. Mir sinn an de Bus geklommen a mir sinn erëm heemgefuer.

*Fränk, Louis a Philippe aus dem Cycle 4.2*




# ADVENTSMAART 2022





De 25. November war eisen traditionellen Adventsmaart an der Bushal bei der Schoul.

Vu 4 Auer mëttes u sinn all d'Kanner mat hiren Enseignantën an Elteren op de Maart komm. Zerwéiert goufen Eisekuchen, Paangecher, Wirschtercher mat Sauerkraut, Muffins, Glühwäin, Glühgin, Choky a Waasser.

E grousse Succès hat eis Tombola, déi scho géint 17:00 Auer ausverkaaft war, an och ons Adventskränz an Dekoratiounen.





Verschidde Schoulklassen haten och e Stand mat eegene Kreatiounen a Secondhand Maart. Si hu gutt verkaaft a kenne sou fir hiren Ausfluch um Enn vum Joer spueren.

Mam Erléis leeë mir der Schoul Suen bäi, fir de Kanner hir Schoulausflich ze finanzéieren. En aneren Deel gëtt fir e gudden Zweck gespent.

E bësse méi spéit am Owend sinn déi lescht aus der Hal gekiert ginn.

Et war e gelongenen Owend mat zefriddene Gesiichter bei Grouss a Kleng.

E grousse Merci un all déi, déi ons bei de Preparatiounen an och den Owend selwer gehollef hunn!

*De Comité vun der Eltereveereenegung Waldbëlleg:*

*Albert Chantal, Baden Catalina, Chevalier Nathalie, De Montigny Zara, Felgen Jean-Marc, Hild Martine, Mathes Mireille, Osorio Gaby, Reinert Nathalie, Reuter Carole, Schumacher Jessica, Tobes Katrin, Varela Nadine.*

## DÉI NEI ELTEREVERTRIEDER



Am Oktober goufen déi nei Elterevertrieder gewielt. Déi sinn hei op der Foto ze gesinn, vu lénks no riets: Christian Pierret, Sandy Moulin, Colin Zandstra, Chantal Albert, Jean-Marc Felgen











## Annual Advents Market

The annual Advents Market organised by the Parents Association took place on 25th November 2022. For the second time in its history, it was organised in the bus depot next to the sports hall in Waldbillig, allowing everyone to shelter from the cold winter temperatures and enjoy a glass of mulled wine together. Also on offer were mulled gin, hot chocolate, Christmas beer, sausages and sauerkraut, pancakes, waffles, cake and roasted chestnuts. The tombola proved to be immensely successful this year with record tickets sold out just after 5pm, after most children had won a prize or several. The children from years 3, 4, 5 and 6 also contributed to the market, selling their homemade Christmas decorations and second-hand toys, and getting their first experiences working as salesmen and saleswomen, with some showing a very clear talent for it! They were raising funds for their end of year school trips. Advent wreaths made by the Parents Association were also available for sale, ready to be lit for the first advents Sunday, that weekend. The atmosphere was very festive and gave parents and children alike the opportunity to catch up, relax and unwind. As a result of this event, the Parents Association makes donations every year to the local school and Maison Relais, as well as to a charitable organisation. A big thank you to the Commune for the use of the bus depot and to its technical staff for helping with the set up.







# MAISON RELAIS

Hei sinn e puer Biller mat de Kanner aus der Maison relais.































Foto: Isabelle Oberlé

# VERÄINER //
# *ASSOCIATIONS*

## SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE




D'Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. ass frou iwwert hiren neien Internetsite ***www.prehistoire.lu***. Do ginn et Informatiounen iwwer der S. P. L. hir Aktivitéiten, iwwer de Fonctionement vum Veräin, seng Fuerschungs-projeten a Publikatiounen.

Déi lescht zwou Ausgabe vum Bulletin vun der S.P.L. sinn do gratis disponibel; geschwë sinn nach méi där eelerer Bulletinen do publizéiert.

Vum 27. bis den 29. Januar 2023 trefft sech den Aarbechtsgrupp Cailloux, an de Lokaler vun der S. P. L. an der Waldbëlleger Sportshal, fir dem Marcel Ewers seng Sammlungen ze sortéieren an ze katalogiséieren. Jiddwereen, dee wëllt, kann do matmaachen, déi dräi Deeg oder just een. Et soll een sech eppes z'iesse matbréngen.

Fir déi interessant Bibliothéik vun der S. P. L. ze konsul-téieren, déi an hire Lokalitéite steet, soll ee Kontakt huele mat der Sekretärin Marie-Paule Wagener op der Mail-Adress ***wmariep@pt.lu***

*matgedeelt vun der S. P. L.*

# 15 JOER ORT REGIOUN MËLLERDALL

De 24. Oktober 2007 gouf d'Tourissemsassociation vun der Regioun Mëllerdall gegrënnt. Deen Anniversaire gouf méindes, de 24. Oktober 2022 op der Verwaltungsrotssitzung gefeiert.

2007 goufen sech déi heiten Ziler gesat: Entwécklung a Marketing vun der Regioun als touristesch Destinatioun, Schutz an Unerkennung vum natierlechen, kulturellen an historesche Patrimoine, Entwécklung vun engem regionalen Tourissemskonzept, Koordinatioun vun Aktivitéiten an Eventer, Schafung vun neien touristesche Produiten, gutt Zesummenaarbecht tëscht regionalen Akteuren an iwwer d'Grenzen ewech.

An de leschte Méint goufen et nees méi Pressereesen a Visitte vun auslännesche Vereenegungen aus dem Tourissemsberäich.




Am September waren zum Beispill Vertrieder vun Touroperateuren aus Däitschland, Groussbritannien, Holland a Frankräich an der Regioun. Am Oktober war d'Rei un der Associatioun vun den däitsche Reesjournalisten an de Participanten un der Familljerees Best of Luxembourg.

*matgedeelt vum ORT*



# ËMMER FIT

2022 war e Joer voller Iwwerraschungen, dëst och am Turnveräin *Ëmmer Fit*.

Op der Generalversammlung am Juli 2022, hunn d'Dammen aus dem ale Comité hir Decisioun bekannt ginn, datt si geschlossen ophalen. Sie waren der Meenung, datt et un der Zäit wier, engem méi jonken an dynamesche Comité d'Plaz ze iwwerloossen. D'Isabelle, d'Alice a Co. hunn an deene leschte Joren eng super Aarbecht geleescht. Si ware ganz engagéiert an hunn alles dru gesat, fir och wärend der Pandemie weiderhin méindes owes Turnstonne kënnen ze organiséieren. Dat war nit ëmmer einfach, mee et huet alles gutt geklappt.

Dofir soe mir hinne villmools Merci.

D'Membere waren all zimmlech iwwerrascht, wéi et geheescht huet: Mir brauchen nei motivéiert Leit fir an de Comité!

Wee si mir:

- Presidentin: Christine Heidt
- Vize-Presidentin: Nathalie Chevalier
- Sekretärin: Nathalie Reinert
- Tresorière: Françoise Schintgen
- Member Comité: Danielle Mehlen

Méindes, de 26. September si mir dunn an déi nei Saison gestart.

Mat eisem Flyer an engem flotten neie Logo hu mir wéi et schéngt eng Rëtsch Leit virwëtzeg gemaach. Vill Dammen a jonk Meedercher sinn op Waldbëlleg schnuppere komm, a vill si ganz motivéiert bei der Staang bliwwen. Eise Veräin zielt entretemps 60 Memberen; d'Sportshal ass méindes owes gutt gefëllt. Dofir turne mir säit dem 2. November an zwou Gruppen. Den éischte Grupp start um 19:00 Auer, an den zweete Grupp direkt dono um 20:00 Auer, dëst ëmmer ënner der Leedung vun der Agata Klimek.


D'Agata ass ganz kreativ a stellt eis ëmmer e flotten a virun allem ofwiesslungsräiche Workout-Programm zesummen. Vun Tabata mat Jumping Jacks - Burpees ... Plank bis hin zur Devil Press. All Woch gi mir op en Neits gefuerdert. No all Turnsession si mir platt, déi eng méi, déi aner manner, mee eent ass sécher: Et mécht richteg vill Spaass a mir bleiwe FIT! Agata, du méchs dat genial, dofir



en décke Merci. Mir hoffen, datt mir nach laang mat dir weider trainéiere kënnen.

Op dësem Wee wënschen mir Iech all e schéint neit Joer, eng gutt Gesondheet. A wien sech FIT wëllt halen, ka sech gäre bei eis mellen: ***emmer.fit@gmail.com***

*De Comité vum Turnveräin ËMMER FIT*










# D'AÉROMODELLISTE VU CHRËSTNECH





Modellfléien an der No-Saison: Gutt gelaunt ass et um AMC Terrain an den Hierscht gaangen. De Buedem war am Hierschtmount awer nach uerg brong, dréchen a steenhaart. Geméit gouf net vill, am Summer war näischt gewuess.

Am Hierschtmount koum endlech de laang erwaarte Reen! Net vill awer lues a lues ass déi brong Dréchent nees vum Fons Mehlen-Aérodrôme verschwonnen, fir engem schéine saten, grénge Wues Plaz ze maachen.

D'Wieder huet munch agreabel Terrasseséancen nom Fléien erlaabt!











De Mais an de Groum sinn erageholl ginn a bis bei déi éischt Hierschtniwwelen ass vill, ganz vill geflu ginn. D'Krukerte sinn an de Süde gereest, d'Sonn ass ëmmer éischter hanner den Traisch fir op Hiefenech verschwonnen … a kal ass et och ginn.



Virum Wanter gouf den Terrain nach eng Kéier geméit a gewalzt.

Awer d'Schleefe vu Seegler an d'Voltigéieren am Vugelsbësch ass virugaangen!





Kaffi, Kuch bei der éischter Adventskäerz, mat Kleeserchersmutz a gudder Laun, awer elo am Chalet an net op der Terrasse!



Bei Interessi fir dem AMC seng Aktivitéiten, kënnt Dir Äntwerten op Är Froen bei Mehlens Paul kréien. An dat um Telefon 621 21 91 29.

De Lieser vum FUUSS wënsche mir e schéint Joer 2023, Gesondheet, Zefriddenheet an d'Gléck, eng Rafecht besser Neiegkeeten ze héiere wéi am ale Joer.

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen a Push Steffen*



# JONK & AL

Och wann Ufank 2022 nach net alles nees esou konnt ofgehale ginn wéi mir dat wollten, ass dach Normalitéit am Laf vum Joer agetrueden an mir konnten eisen Agenda vun den Aktivitéiten erweideren. Esou war et eis méiglech, mat der Gemeng zesummen, bei der Journée du Grand-Âge, de 14. Mee 2022 all déi laangjäreg Memberen ze éieren, déi  2020, 2021 an 2022 hire 75, 80, 85, oder 90. Gebuertsdag gefeiert hunn.

Mat enger Mass an der Kierch zu Waldbëlleg huet den Dag ugefaang, fir deene verstuerwene Memberen ze gedenken. Uschléissend huet d'Gemeng den Éierewäin offréiert, fir dann dono zesummen ee schéinen Nomëtteg am Hotel Brimer ze verbréngen.

D'Dagesrees op Limburg a Koblenz, de 9. Juni, wéi och eisen Ausflug an de Schwarzwald konnten nees mat grousser Virfreed an de Programm opgeholl ginn.



Esou hu mir vum 24. bis den 28. August eis Rees an de Schwarzwald ugetrueden, fir zesumme mat der Choral Sang mat Waldbëlleg-Haller a Beefort e puer on-vergiesslech Deeg ze verbréngen.









Och wann deen Een oder Aneren schonn eng Kéier am Schwarzwald war, esou war et dach nees een Erliefnes zesummen déi verschidde Statioune vun der Rees ze besichtegen. Ugefaang bei der Stad Freudenstadt iwwer Freiburg, den Titisee, den Uhrenmuseum zu Furtwangen, de Freilichtmuseum Vogtbauernhof an zu gudder Lescht der City-Bahn Baden-Baden.



Net ze vergiessen déi gemeinsam Owenter am Hotel Teuchelwald wou mir zesumme gesong, gelaacht, a gedanzt hunn. A mir haten do och d'Geleeënheet, fir der Nicole Seiwert fir hire Gehuertsdag an dem Jean a Sylvie Schiltz fir hire 50. Hochzäitsdag ze gratuléieren a mat hinnen d'Glas ze erhiewen op dësem Dag.

Jee, onvergiesslech Momenter fir all déi, déi dobäi waren.

*Text a Fotoen: Willy Smit*

Et war dem Kommitee vu Jonk & Al eng Freed an Éier de Jubilar a laangjärege Member, den Här Roger Pinnel besichen ze goen an him ze gratuléieren fir säi 95. Gebuertsdag. Bei engem Glas Schampes, engem gudden Häppchen an engem Stéck Kuch hu mir ee schéinen Nomëtteg am Krees vun der Famill verbruecht. Vun hei aus wënsche mir dem Här Roger Pinnel nach eng Kéier alles Gudds an nach vill Joren dobäi bei beschter Gesondheet a soe Merci fir deen häerzlechen Empfang.

*Mat beschte Gréiss vum*
*Komitee vu Jonk & Al Waldbëlleg*



# UERGELFRËNN WALDBËLLEG





Eis Generalversammlung 2022 war zwar fir de 15. Juni geplangt. Well de President awer mat Covid an der Quarantän war, huet dësen Datum missen op de 6. September verluecht ginn.

De 6. September si mir also am Veräinsbau zu Chrëschtnech fir eis Generalversammlung zesummekomm. Dobäi sinn zwéi laangjäreg Membere geéiert ginn, an zwar: de Fons Schintgen, fir 25 Joer als Keessier; an den Daniel Mantrisi, deen zanter der Erneierung vum Veräin 2013 fläisseg als Sekretär geschafft huet an elo säi Posten zur Verfügung gestallt huet, fir sengen aneren Intressien kënnen nozegoen. Heimat sief dem Fons an dem Daniel e ganz häerzleche Merci gesot. Ouni si zwee wieren d'Uergelfrënn an hirer haiteger Form guer net méiglech gewiescht.



De 26. November war dann e Concert vun de Luxembourg Jazz Voices an der Waldbëlleger Kierch. Dëse Vokalgrupp ass 2018 am Kader vum INECC (Institut européen de chant choral) entstanen a steet ënner der Leedung vun der Edith van den Heuvel. Si hu Lidder a verschiddenen Jazz-Genre gesongen, deels A capella, deels mat der Pianosbegleedung vum Sébastien Cuiret.

Dorënner waren z.B. traditionell Jazz-Lidder wéi „The Look of Love" vum Burt Bacharach, eng Bossa-Nova Nummer „Agua de Beber", e Bebop-Stéck vum Charlie Parker „Now's the Time", an esouguer en Arrangement vun „In my Life" vu Lennon a McCartney. Nieft de Chouer-Deeler ware ganz iwwerzeegend Soloe gesonge gi vu Victoria Carande, Clemente Battaglia, Shirley Golergant an aneren. Dobäi bleift de Scat-Duett vum Clemente Battaglia a vun der Susanne Rick – an der Zugab – „Hit that Jive, Jack" besonnesch an Erënnerung. Et huet ee wierklech un e Gespréich tëscht hinne gegleeft, obwuel (wéi dat ebe beim Scat ass) kee Wuert ze verstoe war!

De Concert ass bei engem Publikum vu +/- 40 Leit immens gutt ukomm. Besonnesch impressionéiert huet d'Tatsaach, datt all Lidd auswenneg gesonge ginn ass!

Nom Concert hunn d'Uergelfrënn de Matwierkenden e Patt a Schnittercher beim Wiert zu Waldbëlleg zum Beschte ginn.











**Fir Ären Agenda 2023 notéiert Iech w.e.g. deen heiten Datum:**

**Sonndes, den 19. Mäerz 2023 um 17 Auer**

„Händel und seine Zeitgenossen”:
Jehanne Strepenne (Gei),
Sylvie Langehegermann (Sopran),
Beate Wins (Gamba),
Rosch Mirkes (Uergel).

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Henry Wickens, Luxembourg Jazz Voices, Marc Barthelemy.*

# KALATOU ASBL





Am leschte FUUSS hu mir bericht, wéi den Haaptprojet vun der Asbl. Kalatou huet missen un d'Situatioun um Buedem am Togo adaptéiert ginn, an zwar gouf de Projet „Pëtz" duerch e Projet „Schoulgebai" ersat.

Dëse Projet ass dann am Summer 2022 duerchgefouert ginn. Eis Presidentin, d'Madamm Thérèse Bagnah, ass am September nees an hiert Heemechtsland gereest, fir d'Liwwerung vu Miwwelen a Schoulmaterial vun der Gemeng Waldbëlleg op Kpakouate bei Dapaong (Région des Savanes) ze begleeden, an un der Aweiung vum neie Schoulgebai (Apatam) zu Kpakouate deelzehuelen. Um Gebai gouf eng Plack festgemaach, fir der fréierer Sekretärin vu Kalatou, der Mme Lony Michels, ze gedenken.

Wéinst dem Succès vun dësem Projet huet Kalatou elo wëlles, weider Projeten vu Schoulgebaier an der Noperschaft vu Kpakouate duerchzeféieren. Iwwer den Detail hält Iech de Comité weider um Lafenden.

An der Tëschenzäit si mir nach ëmmer op der Sich no Spillsaachen a (franséisch) Kannerbicher fir d'Schoulen an der Regioun Dapaong. Wann Dir eppes fir eis hutt, da kontaktéiert w.e.g. d'Thérèse Bagnah, 9, rue de Christnach, L-7680 Waldbillig, Email: ***flepoa19@hotmail.com***

Am Comité vu Kalatou sinn:

BAGNAH Thérèse (Presidentin);
WICKENS Henry (Sekretär);
STEVENS Elli (Caissière);
BADEN-LOBITZ Danielle.

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Thérèse Bagnah*





*Foto: Damaris*


MICHEL RODANGE
RENERT

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*

## EN NEIE REENERT

150 Joer huet de *Reenert* dëst Joer kritt. De Michel Rodange huet säi Meeschterwierk 1872 erausbruecht, deemools mat wéineg Succès. Mee de Reenert sollt vun Ufank vum 20. Jorhonnert un a virun allem no de Gedenkfeieren zu Waldbëlleg fir dem Michel Rodange säin honnertjärege Gebuertsdag an an der Stad fir säi 50. Doudesdag zu enger Identifikatiounsfigur vun all de Lëtzebuerger ginn.

Mee an de leschte Jore war kee *Reenert* méi an de Librairien ze fannen. Dofir ass et immens flott, datt mer dëst Joer direkt zwou nei Editioune feiere kënnen, déi sech ganz gutt ergänzen an duerchaus komplementar sinn. Et steet net dat selwecht an deenen zwee Bicher, ausser natierlech den Text selwer vum Rodange.

Bei Editions Binsfeld ass déi flott vum Romain Hilgert kommentéiert Versioun nei erauskomm, an der aktueller Schreifweis a mat schéinen Illustratiounen.

> *Titel:* Renert - De Fuuss am Frack an a Maansgréisst
> *Editeur:* Romain Hilgert
> *ISBN:* 978-99959-42-64-9, 288 Säiten, 38 Euro

Den Educatiounsministère huet eng ganz nei Versioun erausbruecht.

> *Titel:* Reenert – De Fuuss am Frack an a Maansgréisst
> *Editeuren:* Script an ZLS
> *ISBN:* 978-99959-1-462-2, 416 Säiten, 39 Euro

Bei der Presentatioun vum Buch huet de Minister Claude Meisch d'Wichtegkeet vum Wierk fir Lëtzebuerg ënnerstrach:

> „*Et gëtt net vill lëtzebuergesch literaresch Figuren, déi esou present an der Gesellschaft si wéi de Reenert. Dem Michel Rodange seng spatz Fieder, déi geschlaffe Sprooch an déi gewiift Aart a Weis, fir duerch d'Déierewelt e kritesche Bléck op d'Gesellschaft ze geheien, sinn net nëmmen e Stéck Lëtzebuerger Patrimoine, mee och e literaresche Genoss.*"

Zwee Servicer vum Ministère, de Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (Script) an den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) hunn zesummen déi Ausgab vum *Reenert* editéiert. Den ursprénglechen Text vun 1872 ass natierlech an déi haiteg Orthografie gesat, begleet vun enger Biografie vum Auteur



a vun Essaien, déi de literareschen an den historeschen Hannergrond beliichten. Déi Biografie staamt iwweregens aus der Fieder vun eisem Éierebuergermeeschter an eminente Michel-Rodange-Spezialist Jean-Luc Schleich.

Doriwwer eraus ginn am Buch al Wierder, déi net méi jiddwerengem geleefeg sinn, erkläert. Et sinn am Ganzen eng 900 Begrëffer, déi direkt nieft de Versen expliziéiert ginn.

Déi jonk Lëtzebuerger Kënschtlerin Mia Kinsch huet eng Rëtsch Illustratioune realiséiert, déi dem Wierk e frëschen Optrëtt erméiglechen a gläichzäiteg der Zäitlosegkeet vum Klassiker gerecht ginn. D'Titelbild vun dësem FUUSS ass eng vun dësen Illustratiounen, ofgedréckt mat der frëndlecher Autorisatioun vum Script an dem Accord vun der Kënschtlerin.


## ZWACKERT, BERDANK!

### 89 fuusseg Wierder aus dem *Reenert*

Aus der Hellewull vu Wuerterklärungen am *Reenert* huet den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch e gudde Grappvoll erausgesicht an am véierte Band vun der Serie Lëtzebuerger Wuertschatz an Zeen gesat, einfach erklärt a flott illustréiert.

> *Titel:* Zwackert, berdank! –
> 89 fuusseg Wierder aus dem Reenert
> *Serie:* Lëtzebuerger Wuertschatz,
> Band 4
> *Editeuren:* ZLS a SCRIPT
> *ISBN:* 978-2-9199644-4-4
> 96 Säiten, 10 Euro






# REYNARD THE FOX

## De *Reenert* op Englesch

Et gi weltwäit bal iwwerall där Geschichten a Seeëcher vum luussege Fuuss, an et gi vill dorun interesséiert Leit, déi Internet-recherchë maachen. Bis elo konnte si eise lëtzebuergesche *Reenert* net fannen, et sief, si kéinten eis Sprooch, wat jo zimlech seelen de Fall ass.

Dofir ass et formidabel fir d'Visibilitéit vum Michel Rodange sengem *Reenert*, datt et dovunner eng englesch Iwwersetzung gëtt.

De *Reenert* op Englesch ka gratis online als PDF-Dokument erofgeluede ginn, dëst op www.lux.lu.

> *Titel:* Reenert – The Fox in a Sunday Suit and in Human Shape (bilingual edition)
> *Eroflueden op:* https://www.lux.lu

*Et war esou ëm d'Päischten,*
*'t stung Alles an der Bléi,*
*an d'Villercher di songen*
*hir Lidder spéit a fréi.*

*Du rifft de Léiw, de Kinnek,*
*all Déier op e Fest*
*am Gréngewald zesummen,*
*an 't koumen all seng Best.*
*[...]*

*Den Huer, de Bier, de Wollef,*
*se stielen, datt et flaamt:*
*grouss Schelme gi veréiert,*
*di butzeg gi verdaamt.*

*D'Welt ass e Sak voll Kriibsen,*
*wou een deen aner zwéckt;*
*di iewescht gi gejuppelt,*
*di ënnescht ginn zerdréckt.*

*It was around Whitsun time,*
*all things were blossoming,*
*birds were gaily singing songs*
*from morn' till evening*

*Then called, the Lion, the King,*
*all animals to a feast,*
*he gathered in Green Forest*
*the finest of his beasts.*
*[...]*

*The Hawk, the Bear and the Wolf, they rob*
*each husk and corn.*
*The biggest crooks are worshipped, the*
*little ones they scorn.*

*A sack of crabs is our world*
*where all are roundly tweaked,*
*the ones on top are jostled*
*the ones below are squeezed.*

*Engleschen Text: Jeff Thill, disponibel op www.lux.lu*

# E COLLOQUE RONDERËM DE *REENERT*

De *Reenert* stoung am Mëttelpunkt vun engem Colloque den 18. November um Site vum eduPôle zu Walfer, organiséiert vum Script a vum ZLS an Zesummenaarbecht mam Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch am Kader vun de Walfer Bicherdeeg.

Do hunn eng Partie Experte geschwat iwwer de Michel Rodange, den historeschen Hannergrond, de *Reenert* am Zweete Weltkrich, de Vocabulaire am Buch, déi englesch Iwwersetzung an d'Illustratioun vun der neier Editioun.




Dee Colloque ass online disponibel op
*https://vimeo.com/773327649*

Hei hannendru sinn d'Bäiträg vum Romain Kohn iwwer d'Plaz vum *Reenert* an der Lëtzebuerger Literatur a vum Jean-Luc Schleich iwwer d'Liewe vum Michel Rodange. En décke Merci un déi zwee Pannelisten, datt si dem FUUSS hiert Referat zur Verfügung gestallt hunn.

*D'Illustratrice Mia Kinsch.*




*De Minister Claude Meisch an de Buergermeeschter François Sauber beim Virtrag vum Romain Kohn.*
*Fotoen: Claude Schmit*



# FIR D'ÉISCHT IGNORÉIERT, DUNN ZUR WELTLITERATUR (V)ERKLÄERT

**Iwwer d'Rezeptiounsgeschicht vum Michel Rodange sengem *Reenert***

„De Michel Rodange wor den éischte Lëtzebuerger, an deem sech Fillen an Denke vum Duerf zu Poesie verkléiert huet. All Dichter virun him wore stieds, de Meyer, den Diedenhoven, de Gangler, de Lentz, nuren den Dicks hat Land a Leit dobausse jorelaang erlieft, an deen och nuren esou, dass en a senger Plaz iwwer, net mëtten am Vollek stung." Dat war de Verdikt vum Batty Weber a senger Ried, déi hien den 29. August 1926 zu Waldbëlleg gehalen huet. Deen Dag huet de Schäfferot eng Plack um Gebuertshaus vum bedeitendste Bierger aus der Gemeng devoiléiert. En halleft Joerhonnert vridrun – de 27. August 1876 – war den Auteur vum *Reenert* an der Stad verstuerwen.

Och wann de Rodange an den Ae vum Batty Weber matten am Vollék stoung, d'Vollék selwer huet laang gebraucht, bis et dem *Reenert* a sengem Auteur dee formidable Respekt, deen si béid haut an der Ëffentlechkeet genéissen, entgéintbruecht huet.

E Succès war d'Wierk am Ufank wierklech net. De Rodange muss awer scho geaant hunn, datt him e Worf, vun deem d'Leit nach laang géife schwätzen, gelonge war. Wéi hien seng 14 Gesäng mat am ganzen 1.513 Strophen resp. 6.052 Verse fäerdeg hat, huet hien 1.000 Exemplairen drécke gelooss – op seng eege Käschten. Vläicht war hie just e schlechte Geschäftsmann – oder e war op seng Manéier einfach megaloman. Oder d'Lieserschaft war nach net prett fir dem Satiriker seng Gesellschaftskritik, déi hien an eng Déierfabel agekleet hat.

Zum Auteur senge Liefzäite wär d'Buch ganz sécher net op d'Bestsellerlëscht komm, wann et deemools esou eppes scho ginn hätt. Et gëtt geschat, datt beim Rodange sengem Dout 4 Joer no der Publikatioun vum *Reenert* beschtefalls 10 Prozent, also eng 100 Bicher verkaaft gi waren. 16 Annoncen an der Press an 3 verschidde Couverturen hunn näischt dru geännert, datt nëmmen e puer Leit bereet waren, d'Spiichte vum „Fuuss am Frack an e Maansgréisst" ze kafen. Nom Dichter sengem Dout war den Drécker J. Joris bereet, der Wittfra d'Drockkäschten, déi nach opstoungen, nozeloossen. Hien huet dat gemaach op Wonsch vum Paul Eyschen, dem spéidere Staatsminister, deen e grousse Fan vum Buch war.

Dem Rodange säi Fils Albert huet mol erkläert, datt uganks 1904 nach 687 Exemplairen op Lager waren. Wat emgedréit heescht, datt a gutt 30 Joer genee 313 Bicher ofgesat goufen. Datt grad déi *Katholische Lesegesellschaft von Luxemburg* sech déi lescht 200 Exemplairë vun der éischter Editioun am Januar 1907 geséchert huet, huet eng gewëssen Ironie, stoung den Auteur dach am Ruff, e Pafefrësser an eng Gëftsprëtz ze sinn.

Bis 2020 koumen 33 Editiounen vum Rodange sengem Meeschterwierk eraus. Déi genee Lëscht fënnt een am *Reenert*, deen de Romain Hilgert am selwechte Joer mat senge Commentairen zesummegestallt huet. Mat der Schoulversioun vum Script a vum ZLS wäre mir domadder bei der Nummer 34, vun där iwwregens 2.000 Exemplairen gedréckt goufen.

2002 huet de Literaturarchiv zu Miersch eng Ausstellung organiséiert ënner dem Titel *De Michel Rodange – Op en Neis fotograféert*. Dozou hunn déi 3 Literaturfuerscher Germaine Goetzinger, Gast Mannes a Roger Muller e Katalog virgeleuecht, deen ech als Ergänzung zu der Schouleditioun vum *Reenert* nëmme ka recommandéieren. Doranner analyséieren si och d'Rezeptiounsgeschicht vum Rodange sengem literaresche Schafen, déi gréisstendeels deckungsláich ass mat der Rezeptiounsgeschicht vun der Fuussefabel.

Si ënnerscheeden 3 Phasen, déi de *Reenert* duerchlaf huet: Fir d'éischt gouf d'Wierk ignoréiert an esouguer absichtlech néirens ernimmt, am Däitsche géif ee vun „totschweigen" schwätzen. Duerno koum d'Rehabilitatioun, a schliisslech huet d'Land sech d'Wierk approbriéiert, huet et quasi recuperéiert an esouguer verklärt an op e literaresche Podest gehuewen, wou et haut nach ëmmer steet.

*Éischt Etapp – ignoréieren:* Datt de *Reenert* zu senger Zäit kee kommerzielle Succès war, hu mir gesinn. Et ass awer

och erstaunlech festzestellen, wéi wéineg d'Fussefabel deemools an der ëffentlecher Diskussioun präsent war. Et huet kee Kritiker eng Rezensioun geschriwwen, an duerfir huet och keen driwwer geschwat. Dorunner soll den Editeur Joris net onschëlleg gewiescht sinn. Hien hätt gefaart, verschidde vu sengen Ënnerstëtzer kéinten him et krommhuelen, datt de Rodange si duerch de Kakao gezunn hätt. Op där anerer Säit hunn déi Liberal an déi Klerikal, déi deemools un der Muecht waren, den Auteur an hiren Organer einfach net ernimmt.

Par conter waren ënner deene wéinege Leit, déi d'Buch tatsächlech gelies haten, e puer fervent Supportere vum Rodange. Beispillsweis de lénksliberalen Deputéierten C.M. Spoo. De Rodange gouf am Joer vu sengem Dout och an d'*Biographie luxembourgeoise* opgeholl a nieft gestane Literate wéi Dicks a Lentz gestallt. 1904 huet de Michel Welter esouguer aus dem *Reenert* an der Chamber zitéiert. Am Kader vun enger Affär, an där e Paschtouer der Pädophilie beschëllegt gouf, huet de sozialisteschen Deputéierte mat déi wéischsten antiklerikal Versen vun der Tribün aus deklaméiert.

*Zweet Etapp – rehabilitéieren:* Opgrond vun dëser Viraarbecht gi fir den 100. Gebuertsdag vum Dichter am Joer 1927 déi entspriechend Feierlechkeete preparéiert. Domadder ass de Rodange am Krees vun de grousse Lëtzebuerger Auteuren ukomm. Deen éischten Deel vun de Festivitéite gëtt wéinst dem Wieder schonn am August 1926 zu Waldbëlleg organiséiert, wou de Batty Weber seng Ried op de Rodange hält an d'Plack enthüllt gëtt. Den zweeten Deel gëtt den 3. Januar 1927, op dem 100. Gebuertsdag vum Dichter, gefeiert. Déi zentral Manifestatioun ass am Stater Theater.

An et kënnt eng Festschrëft mat dem Titel *Michel Rodange Jahrhundertfeier* eraus. Oplag: 2.000 Exemplairen. Doranner sti biographesch a literaturwëssenschaftlech Texter an Extraiten aus der bis elo net publizéierter *Chronik von Waldbillig*. Wouduerch vill Leit an Uecht huelen, datt de Rodange net nëmmen de Papp vum *Reenert* ass. Mee amplaz sech mat dem Rodange senger Kritik un de Verhältnisser am Land ausernanerzesetzen, steet deen drëtte Volet vun der Rezeptiounsgeschicht vum Rodange ëmmer méi am Mëttelpunkt.

*Drëtt Etapp – verklären:* Als éischt kritt den Auteur en Denkmal opgeriicht. Aus engem Concours war den Zeecheprof Jean Curot als Gewënner ervirgaang. De 26. Juni 1932 gouf dem Fiischen seng Statu an der Stad um Knuedler ageweit. Spéitstens vun elo uns, schreiwe Goetzinger, Mannes a Muller „geet de Rodange an den Allgemengbesëtz iwwer" a „sinn der Inzenéierung vun der Vergaangenheet keng Grenzen gesat".

Zu Schlënnermanescht gëtt 1935 e *Reenert*-Spadséierwee ageriicht, 1949 bréngt d'Post en Timber mam Porträt vum Dichter eraus, an 1971 kritt e Lycée um Geesseknäppchen d'Recht, den Numm vum Auteur ze droen. 2004 gouf zu Wolz e Kulturwee, dee ganz am Zeeche vum *Reenert* steet an op Initiativ vun der *Actioun Lëtzebuergesch* entstanen ass, ageweit. Haut ass de Rodange eng „national Referenzfigur" a jidderee berifft sech op hien, wann dann net all Gemeng eng Strooss no him benennt oder eng Gedenktafel zu sengen Éieren ophänkt.

Mee wann den Numm vum Auteur haut iwwerall präsent ass, heescht dat awer nach laang net, datt de *Reenert* och gelies gëtt. Dat Schicksal deelt d'Buch mat esou ville Wierker aus der Weltliteratur. Et ass och keng evident Lektür: De Schauspiller Steve Karier huet den Text wuel op 3 CDe mat enger Gesamtdauer vun 3 Stonnen an enger halwer op seng formidabel Manéier agelies, mee wann een den Text selwer liest, mierkt een eréischt, wéi widderstänneg en ass. Et ass ebe keng harmlos Kannergeschicht, mee eng komplex Kompositioun, bei där een um Enn nach ëmmer net eendäiteg ka soen, wéi een de Reenert als Personnage soll aschätzen. E Gudden ass hien definitiv net, mee d'gesellschaftlech Verhältnisser sinn zu senger Zäit och net grad esou, datt ee sech e moralescht Handelen allzäit ka leeschten.

*Romain Kohn*
*Coordinateur vum Reenert-Projet am Script*




*De Virtrag vum Jean-Luc Schleich. Foto: Isabel Andrade Bento.*

# DE MÉCHEL RODANGE A MAANSGRÉISST AN AM NEIE FRACK

## Biografie vum Méchel Rodange – Reenert-Colloque zu Walfer den 18. November 2022

**Virtrag vum Jean-Luc Schleich, Éierebuergermeeschter vun der Gemeng Waldbëlleg**

Léif *Reenert*-Frënndinnen a -Frënn,

Den 10. Mee 2002, huet de fréiere Professer a Rodange-Biograf Cornel Meder an enger Konferenz zu Waldbëlleg dat hei gesot: *„[Et] misst (un) der Zäit sinn, fir eng wierklech perfekt Schouleditioun vum Renert fir Primaner an och aner interesséiert Leit virzeleeën – well déi Zäit, an där mir liewen, brauch Renert-Kenner, brauch Leit, déi* hire *Schüler an anere Matbierger eng Rei Messagë vum Rodange, deem aussergewéinlechen Autodidakt, an deem ganz spezielle Rebell, mat op de Wee ginn. (...)".*

Datt mir elo hei beienee sinn – 20 an en halleft Joer méi spéit – fir grad déi Schouleditioun ze presentéieren, hätt net nëmmen dem Cornel Meder, ma och héchstwarscheinlech dem Nannetts Méchel vu Waldbëlleg gefall.



*Portrait vum Méchel Rodange vum Frantz Seimetz, 1899*

Léif *Reenert*-Frënndinnen a -Frënn, wien dee *Reenert* verstoe wëll, sollt eng Notioun vum Méchel Rodange sengem Liewen hunn. Ech wëll Iech hei gerad emol e puer Andréck ginn, a verweise fir den Detail op dat neit Buch.

Alles fänkt an enger kaler Wanternuecht, mëttwochs, den 3. Januar 1827 zu Waldbëlleg un. De Schoustesch Misch an d'Anna Theisen hunn 12 Joer no hirem éischte Bouf Jang een zweete Jong kritt, dee se ganz kreativ nom Papp – Méchel – genannt hunn. An deem pittoresken Dierfche Waldbëlleg, matten am Mëllerdall, hu Rodanges ee klengen Haff, e bësse Véi an e puer Lännereien, mat deenen se de Kapp iwwer Waasser behalen. D'Schousterei hat de Papp Rodange als Napoleonsdénger an deem senger Arméi geléiert. De Jang hëlleft dem Papp dobäi.

Nëmme 5 Joer nom Méchel senger Gebuert stierft de Papp Misch den 19. Januar 1832 um Thyphus, an d'Anna, genannt Nannette, bleift mat hiren zwou Schwësteren, dem 17 Joer ale Jang an dem 5 Joer ale Méchel eleng um Haff zeréck.

Am Alter vu sechs Joer geet de Méchel Rodange am Wanter 1833 eng éischte Kéier an d'Schoul.




*Heemechtshaus vum Méchel Rodange zu Waldbëlleg – An Nannetts*



*Schoulsall aus der Zäit vum Michel Rodange (hei: ale Konvikt, 1872)*

Eng ënnerlech Onrou, an e gewëssenen Hang zum Aktionismus si scho fréi bei em ze erkennen.

De 16. Februar 1836 bestuet säi Brudder Jang d'Maria Leonard vu Märel. De Brudder an d'Schwéiesch bekëmmere sech ëm de Méchel, wéi wann et hiert eegent Kand wär.

Matzäit erkennen se, datt dee razegen a sensibele Béifchen net fir déi haart kierperlech Aarbecht um Bauerenhaff gemaach ass. Se si sech bewosst, datt hie säi Gléck éischter an de Bicher géif fannen.

An de Wantertméint 1840/41 geet de Méchel Rodange mat 13 Joer eng éischte Kéier a sengem Liewe vun doheem fort. Beim Kaploun Nicolas Zahlen kritt en zu Méchelbuch eng Ausbildung als *„Unterlehrer".* Hei hëlt e schoulesch Retarden aus der Waldbëlleger Zäit deelweis op, a ka sech an engems eng Iddi vum Schoulmeeschteschberuff maachen.

No den Ouschteren 1842 geet dem Méchel säi Wee bei de Monni Nicolas Theisen op den *Enteschbacher Haff* op Fléiber. Vun do aus geet en all Dag bal siwe Kilometer ze Fouss bis op Dikrech an d'Primärschoul. Hei kritt e genuch Wëssen an de Kapp gedrummt, fir 1845 kënnen den Opnamexame fir an déi nei gegrënnten Normalschoul (*Lehrer Normalschule*) an der Stad ze maachen.

Den uechtzéng Joer ale Méchel qualifizéiert sech *en rang utile* an den 2. Januar 1845 fänkt seng dräijäreg Ausbildung als Schoulmeeschter un.

Vu méindes moies um 5 Auer bis sonndes owes um 7 gëtt studéiert, an all Dag muss en an d'Mass goen. Ee bëssi *„Chillen"* oder Fräizäitaktivitéiten an der Stad si streng verbueden. Och d'Lektür vu Bicher muss d'éischt autoriséiert ginn.

De Méchel schount sech net, béchst ewéi e Mëllen, a kritt de 7. August 1847 säi Brevet als Schoulmeeschter vum 4. Rang, mat der Nott „*Genügend*". Den 20 Joer alen Nannetts Méchel muss elo eng Plaz fannen.

De 26. September 1847 gëtt hie vum Steeseler Gemengerot eestëmmeg zum Schoulmeeschter vun der Jongeschoul zu Steesel genannt. Déi nächst zwielef Joer schafft hien als Schoulmeeschter, vun 1847 bis 1854 zu Steesel, an duerno bis 1859 an der Fiels. Déi Joren gëllen allgemeng als déi schéinst a glécklechst a sengem Liewen, och wann de Beruff, an den Ëmgang mat den Autoritéiten an de Schülerelteren, hien dacks vill Nerve kascht hunn.

Zu Steesel béchst de Rodange niewelaanscht virun, fir 1849 de Brevet vum drëtten, an 1853 dee gefrote vum zweete Rang ze kréien. Hien ass wéi verbass fir virunzekommen an der Karriär.

An der Fräizäit liest e gären däitsch Wierker aus der Klassik a Romantik. Dat läit em besser wéi dat Franséischt. Mat

*D'Kierchplaz zu Steesel ëm 1920*



Ausnam vu sengen offizielle Korrespondenzen, ass weder Lyrik nach Prosa vum Rodange am Molière senger Sprooch bekannt. Ganz besonnesch de Goethe huet em et ugedoen. Deem säi Reineke Fuchs vun 1794 sollt spéider de Middel zum *Reenert* ginn.

Zu Steesel ass den Här *„Lehrer"* ganz beléift. Et gouf him nogesot, hie wier ee gesellege Kärel gewiescht, witzeg an net op de Mond gefall, mat engem Talent fir d'Leit z'ënnerhalen. E soll och gutt gesongen, ma schlecht gedanzt hunn.

Bei Geleeënheet vun der Aweiung vun der nei gebauter Kierch zu Steesel, liest hien den 19. Dezember 1852 eng éischte Kéier ëffentlech eent vu senge Gedichter vir – *Der Tempelbau*. Den Dichter Méchel Rodange huet sech hei eng éischte Kéier bemierkbar gemaach.

An der Steeseler Zäit bleift de Rodange a Kontakt mam Nicolas Steffen, engem Klassekomerod aus der Normalschoul. Dee Steffen war ëmmer de Klassebeschten, an dem Rodange intellektuell iwwerleeën. Déi Zwee sinn ee Liewe laang an enger – wat ee géif nennen – „Haass-Fréndschaft" matenee verbonnen. Ee wëll méi dichteg sinn, wéi deen aneren, a béid Eefalte gi sech net, fir sech géigesäiteg an der Ëffentlechkeet – an enger Aart Dichtersträit – ze weisen, wou de Bock d'Lach huet. De Steffen hëlt ee groussen Afloss op dem Rodange seng Entwécklung als Dichter.

Den Nicolas Steffen gëtt 1852 als Schoulmeeschter op Stroosse genannt. Dem Rodange säi spéidere Schwéierpapp, den Henri Leysen, genannt *Mielhari*, souz do am Gemengerot. Et gëtt ugeholl, datt den Nic Steffen als Hellegmécher nogehollef hätt, de Rodange mam *Mielhari* senger Duechter Madeleine bekannt ze maachen.



*Madeleine Rodange-Leysen, (1830 – 1889)*

Wéi de Rodange genee am Joer 1854 seng spéider Fra kennegeléiert huet, huet en néierenzwousch opgeschriwwen. Hien deelt just mat, datt en d'Madeleine Leysen (gebuer den 2. Abrëll 1830) op Päischten zu Heeschdref am Schlasspark begéint huet. Kuerz drop, de 5. Oktober 1854, hu se sech zu Stroosse bestuet.

Den 31. Mee 1854 kënnt dem Rodange seng alleréischt gedréckte Publikatioun, den Aufsatz *Die Literatur in Luxemburg*, an der Dikrecher Zeitung *Wächter an der Sauer* eraus. Am Juli dat selwecht Joer gëtt doranner säin éischt Gedicht *Des nach Amerika Ausgewanderten Feierabend* gedréckt. Kuerz drop schreift en d'Sonnett *Mein Thälchen im Frühling*, dat bei de Literaturkritiker duerchgefall ass. Elo ass de Rodange gewuer ginn, datt d'Publikatioun vun eegenen Texter net ongeféierlech ass. Et wier deemno net verwonnerlech gewiescht, wann hien duerno näischt méi publizéiert hätt. Ma zum Gléck ass et net dozou komm. An och hei hat den Nic Steffen seng Fangeren am Spill.

An der Gemengerotssëtzung vum 13. September 1854 gëtt de Rodange zum neien *„Instituteur en Chef"* vum 2. Rang fir d'Jongeschoul an der Fiels genannt.

D'Fiels am Ärenzdall war zum Méchel Rodange senger Zäit eng Buergstiedchen, wou vill Handwierker, Industrieller a Geschäftsleit etabléiert waren.



*D'Société philharmonique aus der Fiels 1853, mam Méchel Rodange an der hënneschter Rei riets.*

De Rodange ass zu Steesel fortgaangen well en an der Fiels, nieft der besserer Pai, d'Aussiicht gelackelt huet, fir nees méi dacks kënne bei senger Famill um Nopeschduerf Waldbëlleg ze sinn. An der Fiels gouf et och ee vun den éischte Museks- a Gesangsveräiner am Land, déi renomméiert *Société philharmonique de Larochette*.

An der *Société philharmonique de Larochette* spillt de Rodange eng Aart Flütt. D'Musek, de Gesank an d'Dichterei maachen em vill Freed. Den Dichter Rodange bléit déi Zäit richteg op, a schreift eng Rëtsch lëschteg Gedichter op Däitsch. Si all drécke Liewensfreed, Gesellegkeet an Naturverbonnenheet aus. Am Juni 1857 verfaasst hie säin

éischt Gedicht op Lëtzebuergesch *D'Lidd vum Jéngsterdag* dat awer eréischt méi spéit publizéiert gëtt. Heiranner mécht hien de Geck mat enger Weltënnergangsprophezeiung, déi fir den 13. Juni 1857 ugesot war.

D'Welt ass bekanntlech net ënnergaangen, ma duerfir fänkt et am Beruff un ze kriselen. Dem Rodange säin direkte Chef, de Fielser Paschtouer, mécht em d'Liewe muedebëtzeg. Zum Gléck huet den Här *Lehrer* d'Ënnerstëtzung vun der Schoulkommissioun, wou gréisstendeels seng Veräinskomeroden drasëtzen.

Awer d'Disziplinlosegkeet vun de Schüler, deen herreschen an nervege Paschtouer an déi latent Gefor, datt en eng Kéier wéinst engem sougenannte Feelverhalen de Prozess virun der Schoulkommissioun gemaach kéint kréien – esou wéi dat ville vu senge Schoulmeeschtegkolleegen déi Zäit geschitt ass – hunn em d'Loscht op de Klassesall geholl. Wat hien haaptsächlech vermësst huet, war de Respekt vun den Autoritéiten an de Kannerelteren géintiwwer deem nobele Beruff vum Enseignant.

De 4. August 1855 kritt d'Koppel Rodange-Leysen eng éischte Kéier Nowuess, ma de Béifchen Henri Thiébaud stierft kuerz drop dat selwecht Joer. Am ganze meeschtert d'Madeleine Rodange-Leysen zéng Schwangerschaften a Gebuerten. Ma just véier vun de Rodange-Kanner, den Albert, d'Elisabeth, de Vitalis an d'Marguerite iwwerliewen de Kandsalter.

Ufanks 1855 publizéiert de Rodange nach zwee Gedichter am *Wächter an der Sauer*. Ma nom fréizäitegen Dout vum Henri Thiébaud kann hien – vun Trauer iwwerwältegt – eng Zäit näischt méi schreiwen. Den 10. September 1856 zitt d'Gléck mat der Gebuert vum Elisabeth (Elisa) nees am Stot an. Voller Äifer schreift de Rodange an där Zäit een Tagebuch, dat en direkt u seng Duechter riicht *Meine Tochter Elisa – am zehnten September 1856.* An dëser biografesch wäertvoller Prosa hält de Rodange wichteg Familljemomenter, Plazen a Leit aus sengem Liewe fest, a léisst eis deelhuelen u senge Gedanken, an deelweis banneschte Gefiller. Dësen Text weist eis een oppenen an ongefilterte Rodange. 1856 bis 1858 si glécklech Jore fir d'Famill Rodange-Leysen.

An der Fielser Zäit, déi gutt dokumentéiert ass, gesäit een e jonke Familljepapp, deen e klengbiergerlecht Liewen féiert, am Fridde mat sech selwer, a voller Bewonnerung d'Natur. An déi direkt Partizipatioun um aktive Kulturliewe vum Industriestiedchen huet de Poet Rodange belieft.

Am Joer 1858 kann a wëll de Rodange net méi am Enseignement bleiwen! D'Wierfele fir eppes Neies si gefall, an hie packt den 28. September 1858 den Opnamexamen fir an d'Carrière vum Kantonalpikär an der Stroossebauverwaltung. De Pikär huet an engem Kanton d'Uleeën an d'Ënnerhale vun de Gemengeweeër organiséiert an iwwerwaacht. Dee Beruff war mat grousse Fräiheeten an enger kuerzer Hierarchie verbonnen, genee dat, wat de Rodange gesicht huet. De gréisste Virdeel war awer, datt e vill dobaussen an der frëscher Loft konnt schaffen.

Elo huet de Rodange missen op ee fräie Poste waarden. Wéi de Fielser Gemengerot seng Demissioun den 31. Juli 1859 unhëllt, huet séier missen eppes geschéien, d'Famill huet en neit Ënnerdaach gebraucht, an d'Madeleine huet nees erwaart.

Duerch ee glécklechen Zoufall kritt hien tëscht September 1859 a Januar 1860 eng Plaz als Comptabel op der Fëschbecher Schmelz, éier en den 1. Februar 1860 eng provisoresch Ernennung als Kantonalpikär zu Iechternach kritt, fir do ee kranke Pikärskolleeg ze ersetzen. An der Fëschbecher Zäit kritt de Rodange Kontakt mat der Lëtzebuerger Fräimaurerei, sympathiséiert mat hire Virstellungen a schreift doriwwer ee Gedicht *Wanderung (Von Fels nach Strassen über*

*D'Fiels nom grousse Brand vun 1865. An der Mëtt vun der Plaz déi al Schoul (1828-1868) an där de Rodange Schoul gehalen huet.*






*Vue op Iechternach vum Ernzerbierg aus gekuckt*

*Fischbach)*, ouni dat awer ze publizéieren. De Rodange léisst d'Famill eleng zu Fëschbech zeréck, wou de 5. Mäerz 1860 den Nicolas Vitalis op d'Welt kënnt. Well déi Zäit vill nei Stroosse gebaut ginn, huet en zu Iechternach direkt immens vill Aarbecht.




*Bernard Kiesel*
*(1834 – 1905)*

Zu Iechternach bléit de Méchel Rodange nees op. D'Famill ass versuergt, d'Kanner hunn do eng gutt Schoul, a kulturell schléisst e sech dem lokale Gesangsveräin *Liedertafel* un. Hei begéint en dann och de Bernard Kiesel erëm, ee Schoulmeeschteschkolleeg aus der Fielser Period. Béid Frënn deelen d'Leidenschaft fir d'Dichtung. De Kiesel publizéiert am lokale Blat *Echternacher Anzeiger*. De Rodange léisst doranner spéider och fënnef vu senge Gedichter publizéieren.

Véier Joer nom gepackten Opnamexamen, gëtt de Rodange de 25. Januar 1862 definitiv als Kantonalpikär vu Capellen genannt. Bossegerweis ass hie guer net frou iwwer déi Nominatioun, e wëll léiwer zu Iechternach bleiwen.

Well op der Cap keng Bleif ze fannen ass, autoriséiert d'Verwaltung him an der fréierer Kaplounswunneng zu Käerch ënnerdaach ze kommen. De 16. November 1862 koum d'Marguerite op d'Welt. D'Famill Rodange-Leysen ass vu Mëtt Juni 1862 bis an den Hierscht 1866 zu Käerch bliwwen.

Ouni Succès froen d'Pikären ufanks Dezember 1862 bei hirer Verwaltung un, fir méi an der Paitut ze kréien. Amplaz krute si accordéiert, fir sech niewelaanscht e puer Su weider ze verdéngen. Esou soll de Rodange niewelaanscht deelweis esouvill verdéngt hunn, ewéi a sengem eigentleche Beruff. Géinter Enn hat hien en Akommes, mat deem en déi Zäit zur gudder Mëttelschicht am Land gehéiert huet. De Rodange ass ewéi verbass, fir d'sozial Leeder eropzeklammen.

No den Tëschestatioune Fëschbech an Iechternach sinn déi véier Käercher Joer 1862-1866 dichteresch ganz produktiv.



*Professer Jean Engling*
*(1801 – 1888)*

Hie besicht Museks- a Gesangsfestivalen uechter d'Land, a publizéiert Gedichter am liberale *Courrier*, am klerikale *Luxemburger Wort* an am *Echternacher Anzeiger*. Hie gëtt *Membre correspondant* an der *Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques*, wou en dem deemolege President, dem Geeschtlechen a Professer Jean Engling vu Chrëschtnech bei de Recherchë gehollef huet. De Rodange schenkt dem Engling een Aquarell vum Käercher Schlass, dat e selwer gezeechent huet.

Wéi den Engling seng Recherchen iwwer d'Hiergerbuerg am Mëllerdall am Joer 1865 als Serie am *Luxemburger Wort* publizéiert, huet en doranner zum Schluss och dem Rodange säi – jo – lëtzebuergescht Gedicht *Heringen und seine Umgebung* matgeholl, geschriwwen ëm 1857 an der Fielser Zäit.

D'Frëndschaft mam Bernard Kiesel vun Iechternach räisst zu Käerch net of. Mam Kiesel deelt de Rodange seng poetesch Gedanken. Bei deem Frënd kann e sech ongefiltert ausdrécken, an Trouscht fannen, wa säin Ego blesséiert gi war. De Kiesel huet de Gefillsmënsch Rodange verstanen, an en nees opgeriicht, wann et em schlecht gaangen ass.

1865 gëllt am Rodange senger Biografie als *Annus horribilis*. Nieft dem Dout vun enger Duechter, kënnt déi schrecklech Noriicht, datt säi Brudder Jang samschdes, den 28. Januar 1865 tëscht Bur a Laser am Héichwaasser vun der Sauer erdronk ass.

Den 18. Mee 1866 gëtt de Rodange op Wolz versat. Hien ass doriwwer focksdäiwelswëll, well en déi Versetzung quasi als Disziplinarmoossnam empfënnt. An dobäi misst en dach wëssen, datt Versetzungen a sengem Beruff dozougehéieren. D'Verwaltung wollt awer just vermeiden, datt d'Pikären sech ze vill bekannt mat de Leit an de lokalen Autoritéite géife maachen, fir datt se onofhängeg hire Kontrollflichte kéinten nokommen. Am Ausgang vum Rodange sengem Mo, dem Pyloris, fänkt ufanks 1867 e Schwier u mat wuessen.



*Zu Nidderwolz „Op der Lann" – am Haus riets huet de Rodange de gréissten Deel vum Reenert geschriwwen*

Eréischt fir dat neit Schouljoer, ufanks Oktober 1866, plënnert d'Famill Rodange-Leysen op Nidderwolz. An de knapps siwe Joer zu Wolz huet d'Famill Rodange-Leysen an dräi verschidden Haiser gewunnt, zulescht *„Op der Lann"*.

No Steesel war dat hiren zweetlängsten Openthalt op enger Plaz. Wolz war déi Zäit, vergläichbar mat der Fiels, e modernen Industriestanduert, mat enger geméschter Bevëlkerung aus Baueren, Händler an Handwierker. D'Wëlzer Gierwer an d'Liederfabrikante ginn direkt am éischte Gesank vum *Reenert* ernimmt.

Op senge Stroossekontrollen iwwer d'Éisleker Koppen mussen em d'Versen aus dem *Reenert* stéckweis an de

*D'Wäschfra (1868 -1884)*



D' Wäschfra.

Humoristisch-satyrisches Wochenblatt.

Warum es bei Proclamirung des Unfehlbarkeitsdogma blitzte und donnerte.

Unter Blitz und Donner wird
Die Unfehlbarkeit verkündet!
Was das zu bedeuten hat,
Wird nicht allsogleich ergründet.

Fromme werden freilich sagen,
Daß der Himmel dieses Feuer
Geben ließ als Ehrensalve
Für die Kirche, die ihm theuer.

Kirchenfeinde aber wollen
Aus den Donnerwettern schließen,
Daß den Himmel selbst das Dogma
Etwas mag verdrießen.

Die Erklärungen von beiden
Sind gewiß nicht ohne Gründe
Daß der Himmel gar nichts wollte,
Wäre doch zu glauben Sünde.

Unter Blitz und Donner raufen
Sich jetzt Preußen und Franzosen.
Ebenfalls ganz überflüssig
Ist dies kriegerische Tosen.

Endlich wird vielleicht der Himmel
Um sein höchstes Recht zu wahren
Blitz und Donner niedersenden
Ueber alle Unfehlbaren.

D'Kétté.

*Das Vaterland (1869 -1870)*



Das Vaterland.

Wochenblatt für Luxemburgische National-Literatur.

Unser Programm!

Kapp komm sinn. An de Joren 1866 an 1867 huet de Rodange awer keng Zeil publizéiert.

Am Mee 1868 fänkt en un, fir déi nei gegrënnte satiresch Wochenzäitschrëft *D'Wäschfra* ze schreiwen. Editeur war de Karl Becker, deen en zu Fëschbech op der Schmelz kennegeléiert hat.

Fir de Rodange ass *D'Wäschfra* gläichzäiteg eng Inspiratiounsquell an d'Geleeënheet, fir senger messerschaarfer Satir, wéi hie se am *Reenert* formuléiert, de leschte Schlëff ze ginn. Vill Sujeten aus der *Wäschfra* gi spéider och am *Reenert* opgegraff.

An de spéiden 1860er-Jore schreift de Rodange engersäits fir *D'Wäschfra* an anerersäits fir *Das Vaterland*, eng Wochenzäitschrëft fir Literatur. Editeur a verantwortleche Redakter ass hei dem Rodange säi fréiere Frënd Nicolas Steffen.

Gutt zéng Joer haten de Steffen an de Rodange no hirem Dichtersträit kee Kontakt méi. D'Geleeënheet fir hire gemeinschaftleche Wonsch vun enger Literaturzeitung an d'Realitéit kënnen ëmzesetzen, huet déi zwee Sträithammelen nees zesummegefouert.

De Méchel Rodange publizéiert am *Vaterland* ëm déi 28 vu senge Gedichter. Och seng éischt lëtzebuergesch Produktioun aus der Fielser Zäit *D'Lid fum Jéngsterdâch* ass dobäi. Déi am *Vaterland* publizéiert Gedichter ginn déi ganz Bandbreet u Motiver aus sengen däitsche Gedichter erëm: d'Heemechts- an d'Naturverbonnenheet, d'Léift, den Aarbechtsalldag, d'Joereszäiten, d'Gesellegkeet, d'Musek an de Gesang, nujee alles, wat de buedemstännege Rodange op senge Liewensstatiounen erlieft, a wat en a sengem Banneschste gepräägt huet.

An dës Zäit fällt och een Evenement, dat de Rodange zu senge schéinste Liewenserënnerungen gezielt huet. Den 20. Juni 1869 hat déi lokal *Société philharmonique* op ee risege Museks- a Gesangsfestival an d'Fiels invitéiert. Als Éieremember vun der philharmonescher Gesellschaft vu Wolz ass de Rodange mat sengem Jong Albert dohinner gaangen. Wat fir een déiwen Androck dee Festival op de

*Éischt Oplo vum Reenert vun 1872*


Renert

oder

de Fuuß am Frack an a Ma'nsgrëßt.

Op en Neis fotografëert

vun

Engem Lëtzebreger.

Lëtzebuerg.

Drock vum J. Joris.

1872.

*Anna („Nannette") Rodange-Theisen*



Rodange gemaach muss hunn, gesäit een dorunner, datt hie ganzer siwe Strophen doriwwer am *Reenert* schreift. Et ass do dann och déi eenzeg Plaz am *Reenert*, wou den Auteur an der Ech-Form schreift: „Jee, wann ech s'all sollt nennen / Da géif mäi Buch ze déck".



*Zu Iechternach „A Béerkes", de Rodange huet am 6. Haus op der lénkser Säit gewunnt*

Duerch seng oppen a geselleg Aart ass de Rodange och zu Wolz beléift. Den Här Pikär geet reegelméisseg ënner d'Leit. An de Joren 1871/72 rezitéiert e senge Frënn éischt Deeler aus dem *Reenert*, fir erauszefannen wéi se drop reagéieren. Hien huet een natierlecht Talent, fir déi Versen esou virzedroen, datt d'Leit sech ugesprach fillen, a gutt dobäi kënne laachen. Datt de *Reenert* eréischt seng voll Pracht entwéckelt, wann e gutt rezitéiert gëtt, war deemools net anescht ewéi haut. Ma nawell muss ee wëssen, datt Versdichtung op Lëtzebuergesch déi Zäit alles anescht wéi geleefeg war – an och haut nach net ass.

Déi positiv Reaktioune vum Wëlzer Public hunn dem Rodange Courage gemaach, fir seng eege Versioun vum Goethe sengem Reineke-Fuchs-Stoff erauszebréngen – op Lëtzebuergesch. Vun der *Wäschfra* hat e sech getrennt, an dem Steffen säi Projet – *Das Vaterland* – war no knapps 15 Méint Existenz schonn ënnergaangen – esou bleift him näischt anescht méi iwwereg wéi säi *Reenert* carrément als eegenen Editeur erauszebréngen.

Enn Oktober, ufanks November 1872 – also ëm dës Zäit, genee virun 150 Joer – kënnt dem Rodange säin eenzegt zu Liefzäite gedrécktent Buch eraus, de *Reenert*. Seng ganz Dichterkraaft a säin Häerzblutt stiechen an deem *Reenert.*

Ma keng Zeitung huet een Artikel oder eng Rezessioun iwwer dat neit Wierk bruecht. Et ass guer net driwwer geschwat ginn, wéi wann et net géif existéieren. Dat ass d'Héchststrof fir de Literat Méchel Rodange.

Trotzdeem ass hien nach ëmmer fest dovunner iwwerzeegt, datt em mam *Reenert* ee grousse Worf gelongen ass. Haut wësse mir, datt en domadder Recht hat.

Zu allem Iwwerdross stierft de 27. Mee 1873 seng Mamm Nannette zu Waldbëlleg, am Alter vun 90 Joer. Säin eegene Gesondheetszoustand a seng Moprobleemer hu sech doropshi verschlëmmert. Nieft senger Fra Madeleine war seng Mamm, nom Dout vum Brudder Jang, déi wichtegst Bezuchspersoun a sengem Liewen. Hie selwer sollt se just ëm knapps dräi Joren iwwerliewen.

Sengem ganze Misär zum Trotz bréngt de Rodange dat selwecht Joer beim Joris nach fënnef Gedichter zu Éiere vum gudde Prënz Hari a senger Fra Amalia eraus. An dëser Zäit schreift hien och säin eenzegt Theaterstéck: *Dem Grof Sigfrid séng Goldkummer*, ee Koméidisstéck a 5 Akten.

Ma den ondugene Moschwier mécht em Suergen. Seng Liewensqualitéit leit ganz staark dorënner. No der Enttäuschung iwwer d'Net-Reaktiounen op de *Reenert,* an dem Dout vun der Mamm, verléiert en esouvill Gewiicht, datt en der Dout geglach huet.

Enn 1873 hëllt de Rodange sech *Congé sans traitement* bei der Bauverwaltung, fir aus dem Éislek nees zeréck an d'Heemechtsgéigend ze kommen. Elo hëlleft hie beim Ausbau vun der Streck vun der Prënz-Heinrich-Eisebunn laanscht d'Sauer, tëscht Iechternach a Bollenduerf. Vu Wolz aus plënnert d'Famill Rodange-Leysen eng zweete Kéier op Iechternach. Den Tapéitewiessel deet em séilesch gutt.

Op sengen Déngschtweeër ze Fouss kann en nees méi dacks heem bei d'Famill op Waldbëlleg goen. An déi bekannte Géigend, mat der imposanter Bësch- a Flouerkuliss, léisst a sengem Kapp d'Verse fir säin zweet grousst Wierk op Lëtzebuergesch enstoen, *Dem Léiweckerche säi*

*Lidd*. Dëse Luefgesang op d'Natur an d'landwirtschaftlech Aarbecht ass ganz bukolesch gehalen, a fräi vun all Satir.

D'Beschreiwung vum Bauer a sengem Jong bei der Schaff op der Gewan, an der Léierchen, déi hinnen zouzwitschert, ass am Toun, an an der Stëmmung, de krasse Géigendeel vum *Reenert*. Ma och d'Léierchen gëtt net méi zum Rodange senge Liefzäite publizéiert.

An der zweeter Iechternacher Zäit schreift hien och d'Erënnerungen un d'Heemecht Waldbëlleg néier an der *Chronik von Waldbillig*.

Wéi seng Missioun bei der Eisebunnslinn erfëllt war, ass de Rodange am Mee 1874 als Hëllefskondukter – de Pikär war entretemps ëmbenannt ginn – op Miersch genannt ginn.

Hien trëtt d'Plaz zu Miersch awer ni un, well schonns am September dat selwecht Joer gëtt hien an d'Stad versat. Am leschten Job hëlleft hien dem Kondukter Suttor bei der Schläifung vun de Festungsanlagen. D'Famill plënnert virum Schoulufank vun Iechternach a Clausen.

Hei iwwerschafft an zortéiert e seng Manuskripter. Hie verbessert seng däitsch Gedichter, a schafft nach un der Chronik, der Léierchen an dem Theaterstéck. Esouguer am *Reenert* mécht en eng Rëtsch orthografesch an inhaltlech Korrekturen. Et ass him net méi dru geleeën, fir vill Neies ze dichten, ma fir de Bestand ze zortéieren an ze iwwerschaffen.

A sengem leschte Liewensjoer ass de Rodange gesondheetlech schwéier ugegraff, schafft awer nach ëmmer als Hëllefskondukter.

Am Summer 1876 kritt hie vun der Regierung den Optrag, fir eng Kantat ze schreiwen fir d'Aweiung vun der

*Stierfhaus vum Méchel Rodange a Clausen (rietsen Deel)*





*(vu lénks no riets) Elise Rodange, Albert Rodange, Marguerite Rodange*

Prinzessin Amalia hirem Denkmal am Stater Park. Säi gudde Frënd Laurent Menager sollt d'Musek dofir komponéieren. D'Kantat *Zur Enthüllungsfeier des Denkmals Ihrer Königl. Hoheit der Prinzessin Heinrich der Niederlande* gëtt den 30. Oktober 1876 ouni hire Librettist gesongen, an den Dag drop an den Zeitunge publizéiert.

De 27. August 1876 koum de Laurent Menager nach moies bei d'Famill Rodange heem, fir mam Frënd nach e puer Detailer vun der Kantat ze beschwätzen. Et gëtt rapportéiert, datt de Menager esou erféiert iwwer den Ubléck vum Rodange gewiescht wär, datt en nach eng ganz Zäitchen duerno – a Gedanken dorunner – gekrasch hätt. De Méchel Rodange war owes dee selwechten Dag mat nëmmen 49 Joer gestuerwen, ëmgi vu senge Léifsten.

Zwee Deeg drop mécht ee klengen Trauerzuch sech de Clausener Bierg erop op den Nikloskierfecht wou e begruewe läit. Déi enkste Famill, e puer Frënn a Kolleegen, dorënner de Laurent Menager an de frësch genannte Minister vun der Justiz Paul Eyschen waren an där klenger Pressessioun dobäi. Et ass net groussaarteg Notiz vu sengem Dout geholl ginn. Et war d'Begriefnis vun engem klenge Mann.

De Méchel Rodange war ee Mënsch, deen aus einfachste Verhältnisser koum, deen zäitliewens gestruewelt huet, fir et duerch Fläiss an Aarbecht zu eppes ze bréngen, an en Dichter, deen Unerkennung an der Ëffentlechkeet gesicht huet. Hien hat ni Reese gemaach, alles wat hie wosst, hat hie gelies oder sech vun de Leit soe gelooss.



*Vitalis Rodange (1860 – 1889)*

D'Madeleine Rodange-Leysen stierft den 19. Januar 1889 an der Stad, nodeems si, zënter der Gebuert vum leschte Kand, ganzer 17 Joer laang krank war. De jéngste Jong Vitalis hëllt sech kuerz drop, den 9. Februar 1889, zu Paräis d'Liewen.

Den Albert Rodange war Chefingenieur bei der Bauverwaltung. Hie stierft den 22. Oktober 1927. Seng zwou Schwësteren Elisabeth a Marguerite, déi bei em am Stot gelieft hunn, stierwe jeeweils den 13. Juli 1945 an de 24. Januar 1946. Si haten allen dräi keng Kanner.

Domadder blouf dem Méchel Rodange vu Waldbëlleg seng Famill ouni Nokommenschaft.

Wat vun him bliwwen ass, ass säi Wierk an déi liewensgeschichtlech Explikatiounen, déi seng Kanner de Biografen vun hirem Papp mat op de Wee ginn hunn.

**Bildnoweis:**

- *SEIMETZ, Frantz:  Portrait de Michel Rodange, 1899, huile sur toile – Collection du Musée national d'histoire et d'art (MNHA) – Photo : MNHA/Tom Lucas*
- *Postkaart – Kollektioun J.-L. Schleich*
- *MERSCH, François. In: „Luxemburg – so wie es war", S. 363. Lëtzebuerg 1984.*
- *Syndicat d'Initiative de la Commune de Steinsel. In: „An der Zäit", S. 17, Steinsel 1987.*
- *Festbroschür fir d'Joerhonnertfeier vum Michel Rodange 1927, S. 9. Lëtzebuerg 1926.*
- *Cententaire de la Société Philharmonique de Larochette 5 Juillet 1936, S. 15. Fiels 1936.*
- *Festbroschür fir d'Joerhonnertfeier vum Michel Rodange 1927, S. 87. Lëtzebuerg 1926.*
- *MERSCH, François. In: „Luxemburg – so wie es war", S. 196. Lëtzebuerg 1984.*
- *MULLER, Roger. „Aus Michel Rodanges Koericher Zeit", S. 308. In: nos cahiers – Lëtzebuerger Zäitschrëft fir Kultur, Kanton Capellen. Lëtzebuerg 2003. Foto: Kollektioun Frank Wilhelm.*
- *Zeechnung – Kollektioun J.-L. Schleich*
- *Postkaart – Kollektioun J.-L. Schleich*
- *Bibliothèque nationale du Luxembourg - www.eluxemburgensia.lu/en/periodicals/waeschfra*
- *Bibliothèque nationale du Luxembourg - www.eluxemburgensia.lu /en/periodicals/vaterland1869*
- *Buch – Kollektioun J.-L. Schleich*
- *Festbroschür fir d'Joerhonnertfeier vum Michel Rodange 1927, S. 67. Lëtzebuerg 1926.*
- *Postkaart – Kollektioun J.-L. Schleich*
- *Foto – J.-L. Schleich (jls)*
- *Foto – Kollektioun Gemeng Waldbëlleg*
- *Association luxembourgeoise de généalogie et d'héraldique – Annuaire – Jahrbuch 1996, S. 84. Lëtzebuerg 1996.*

**Quell Artikel:**

- *HAMDI Mohamed, Dr. MERSCH Sam, SCHLEICH Jean-Luc, SCHMIT Elise: „De Méchel Rodange a Maansgréisst an am neie Frack", S. 358 – 415. In: Michel Rodange – REENERT – De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Lëtzebuerg 2022. Ed. Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) an Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend.*

## D'ORIGINAL VUM FIISSCHEN UM KNUEDELER

An der Press war ze liesen, datt de Fiisschen um Knuedler net méi do steet fir eng Zäit, well e muss restauréiert ginn. Do gouf dann drun erënnert, datt déi Statu vum Monument vun 1932 souwéisou net méi do steet, well se geklaut gi war an dono an de Musée koum an duerch eng Kopie ersat ginn ass.

Dat heescht awer net, wéi do da geschriwwe gouf, datt et d'Original vun dem Monument um Knuedeler wier. De Jean Curot, Professer an der Handwierkerschoul hat deemools de Concours gewonnen virun esou renomméierten Artisten ewéi Claus Cito an Auguste Trémont. D'Maquette vum Här Curot, op där d'Monument um Knuedler baséiert,



steet zu Waldbëlleg an der Gemeng. Si ass virun e puer Joer fachfralech restauréiert an ënner Glas gesat ginn.

Am FUUSS 2018-2 war doriwwer ze liesen:

„1932 koum de Rodange zu groussen Éieren:
Um Knuedler ass de 26. Juni d'Monument zu sengen Éieren ageweit ginn, mat enger Skulptur vum Renert.

Mee och du war e Monument fir de Michel Rodange nach laang net bei jidderengem beléift. D'Monument gouf privat finanzéiert an iwwert e Concours ausgeschriwwen. Op Initiativ vum Distriktskommissär vu Gréiwemaacher sollten d'Gemengen dozou opgeruff ginn, déi Initiativ ze ënnerstëtzen. Dat gouf allerdéngs vun der Regierung ënnersot!

Géint all Widderstänn huet de Comité vun der Initiativ et fäerdegbruecht, genuch Suen ze sammelen an den Accord vun der Gemeng Lëtzebuerg ze kréien. Presidéiert gouf dee Comité vum Alfons Nickels (1881-1944), Generalsekretär vun der Arbed a President vum Cercle artistique.

*„Dies ist eines der Denkmäler, die es wirklich bis zur Errichtung und zur Enthüllung brachten. Dank der unerbittlichen Energie, die den Denkmalausschuss von seinem Vorsitzenden her belebte"*, huet de Batty Weber a sengem Kalennerblat vum 15. Juni 1932 geschriwwen.

D'Monument ass vum Professer Curot realiséiert ginn, mat senger Maquette als Virbild. Hien hat do d'Hëllef vum Sculpteur Mergen fir de Medaillon a vun de Kënschtler Demuth a Grosber fir d'Skulptur vum Fiisschen.

Et goufen e puer Ënnerscheeder tëscht der Maquette an dem Monument. Et ass net ewéi bei der Maquette eng véiereckeg Plack mam Kapp vum Michel Rodange vir am Mëttelpunkt; op d'Monument koum e ronne Medaillon. Op der Récksäit steet, wat bei der Maquette och net esou virgesi war, en Zitat aus dem *Reenert*, mat Bezuch op de Bambësch, dat awer net vum Fuuss selwer staamt, mee vum Grimpert, dem Dachs:

> „Mer pléckten Aprikosen
> un allen Hecke gier,
> wie geet nun awer praffen
> am Bambësch d'Schléiwendier?"

Bei der Aweiung hu geschwat den Alphonse Nickels, de Staatsminister Joseph Bech an de Stater Buergermeeschter Gaston Diderich. De Prënz Felix war Éiregaascht, grad ewéi déi zwou Duechtere vum Michel Rodange, Elise a Marguerite. De Fils Albert Rodange, deen sech als Ingénieur en chef en Numm gemaach an den éischte Projet vun der Neier Bréck ausgeschafft hat, war du schonns dout. Keent vun den dräi Geschwëster hat Nokommen.

Dem Batty Weber seng Festkantat war vum Fernand Mertens vertount ginn. Et krut allerdéngs keen se ze héieren, well ewéi d'Militärmusek domadder ugesat huet, hunn d'Klacke vun der Kathedral ugefaang ze lauden an net méi opgehal bis zum Enn vun dem Stéck! *„Man wird noch lange davon reden!"* huet de Batty Weber geschriwwen. [...]

Den haitege Fiisschen um Knuedler ass net méi dee selwechten ewéi bei der Aweiung. Am November 1979 hate Vandalen de Fiisschen därmoosse beschiedegt, datt en huet missen ewechgeholl ginn. Déi eidel Plaz war du séier vun engem roude Fiisschen squattéiert ginn, deen déi deemoleg Alternativ Lëscht virun de Walen dohinner gestallt hat, an dee séier manu militari erofgeholl gouf. Et sollt bis 1981 daueren, bis eng Replik vum Fiisschen dem Monument erëm seng urspréngliech Form ginn huet. [...]

2018 huet de Gemengerot décidéiert, déi Maquette restauréieren ze loossen. Et ass jo een eemolegt Stéck aus der lëtzebuergescher Kulturgeschicht, mat der éischter Faassung vum éischte Monument, dat eisen National-dichter opgeriicht krut. Leider sinn d'Maquettë vun deenen anere Bäiträg zu deem Concours net méi ze fannen. [...]

Den Optrag fir d'Restauratioun vun der Maquette goung u *Les Ateliers du Luxembourg* vu Buerglënster, wou d'Madame Elisabeth Koltz an hire Mann sech dem gudde Stéck ugeholl hunn. D'Maquette ass no der Restauratioun erëm ewéi nei a si steet an enger Glasvitrinn an der Gemeng zu Waldbëlleg ."

An der Gemeng Waldbëlleg steet also d'Original vum Stater Fiisschen um Knuedler!

Net wäit dervu steet och ënner Glas eng mat klenge Poppen nogestallten Zeen aus dem *Reenert*. Déi hat de Marcel Ditsch gemaach, deen e groussen Deel vun der Geschicht vum Reenert mat selwer gebastelte Figuren opgestallt, fotograféiert an a véier Bänn vu 1982 bis 1984 publizéiert hat.

# IL Y A 50 ANS...
# Émission en 1972 d'un timbre-poste créé par l'artiste Foni Tissen à l'effigie du « Renert » pour célébrer le centenaire de l'œuvre de Michel Rodange : des esquisses à la vignette postale

**En hommage et à la mémoire de Marcel EWERS (1938-2022)**

Dans le cadre des commémorations fêtant le centenaire de l'édition de l'ouvrage « *Reenert, oder de Fuuss am Frack an a Maansgréisst* », pamphlet politique et social écrit sous forme d'épopée satirique publié en 1872 par Michel RODANGE (1827-1876), l'artiste-peintre luxembourgeois Foni TISSEN (1909-1975) réalise pour l'Administration des postes et télécommunications du Luxembourg un timbre-poste particulièrement coloré d'une valeur faciale de 3 Francs intitulé « RENERT, DE FUUSS AM FRACK » qui sera édité en 1972 par l'imprimerie helvète Courvoisier S.A. (fig. 1). Comme le relate un article du Luxemburger Wort du




*Fig. 1 – Timbre de la poste luxembourgeoise à l'effigie du Renert émis le 11.09.1972.*


7

KÄPPERCHER

L. WORT 9.7.72

Denkmäler und Bauten auf luxemburgischen Briefmarken

Honnert Joer Renert: En neie Käppchen



L.H.

*Fig. 2 – Coupure de presse extraite du Luxemburger Wort du 9.07.1972, p. 7 et 8.*

9 juillet 1972 rédigé en luxembourgeois, « Actioun Lëtzebuergesch » soutient cette initiative d'éditer chaque année « *en neie Käppchen* » en l'honneur d'une œuvre ou d'un artiste luxembourgeois dont on fête l'anniversaire (fig. 2).




*Fig. 3 – Foni TISSEN, esquisse sur papier épais, crayons, aquarelle, encre et gouache.*

Trois esquisses en couleur et un crayonné coloré de ce timbre ont été retrouvés conservés au sein des archives familiales de l'artiste (fig. 3, 4, 5 et 6). Ces illustrations, toutes dessinées et peintes sur papier cartonné, ont pour dimensions originales : bordures extérieures 82 mm x 62 mm (pour permettre d'implanter la dentelure), et figurations intérieures 72 mm x 52 mm. Elles sont collées sur des cartons noirs de 100 mm x 80 mm. Parmi ces illustrations, une des études préparatoires, très proche du timbre final émis, s'avère être la proposition sélectionnée par la Direction des postes luxembourgeoises (fig. 3). Elle représente en personnage principal et en position centrale un Renard anthropomorphe, debout en tenue de cérémonie, à savoir vêtu d'un habit de soirée constitué d'une veste « queue-de-pie », le « frac » (« Frack » en luxembourgeois, « tailcoat » en anglais) près d'un rideau dévoilant au fond un paysage naturel où surplombe un château au-dessus de forêts de conifères. Devant ce monument fortifié, posent à droite sur trois rangs plusieurs animaux, positionnés tous de face comme de sages sujets du roi Lion qui est quant à lui de profil avec un port de tête de trois quarts. « *De Kinnek Léiw* » est assis à gauche sur un trône avec divers attributs et autres symboles du pouvoir (couronne, sceptre, trône). Il est accompagné à ses pieds d'un lièvre. Parmi les animaux représentés, on distingue un chevreuil, un loup, un chien et un blaireau. Ce dernier s'adonne à la lecture d'un journal qu'il tient entre les pattes. Une vache initialement figurée dans les esquisses (fig. 4) a disparu.




*Fig. 4 – Foni TISSEN, esquisse sur papier épais, crayons, aquarelle, encre et gouache.*



*Fig. 5 – Foni TISSEN, esquisse sur papier épais, crayons, aquarelle, encre et gouache.*

Parallèlement à la réalisation de ce timbre-poste, Foni TISSEN s'est inspiré d'une des trois autres esquisses proposées (fig. 6) pour élaborer en « miroir » (symétrie inversée) une illustration (fig. 7) qui fut imprimée sur les enveloppes disponibles pour le 1er jour d'émission du « RENERT » le 11 septembre 1972. Ces enveloppes « FDC » (First Day Cover) ont été produites par l'imprimerie Raymond THILL de




*Fig. 6 – Foni TISSEN, esquisse sur papier, crayons, aquarelle, encre et gouache.*




*Fig. 7 – Enveloppe 1er jour d'émission (11.09.1972), Imprimerie Raymond Thill, Luxembourg.*




*Fig. 8 – Enveloppe 1er jour d'émission (11.09.1972) à l'effigie de Michel Rodange et 6 timbres du Renert.*



*Fig. 9 – Carte postale du photographe Tony Krier émise le 1er jour d'émission (11.09.1972).*

Rumelange, village natal où résidait l'artiste des Terres Rouges. D'autres enveloppes « FDC » ont été émises à cette occasion, avec notamment un portrait de Michel RODANGE[1] (fig. 8), ainsi qu'un cliché du photographe luxembourgeois Tony KRIER (1906-1994) représentant une vue de profil de la statue du « RENERT » (fig. 9), sculpture en ronde-bosse créée par les artistes luxembourgeois François DEMUTH (1884- ?) et Ernest GROSBER (1884-1955) qui surplombe le monument érigé par Jean CUROT (1882-1954). Ce monument avec fontaine fût inauguré le 26 juin 1932 par le Ministre d'État Joseph BECH (1887-1975) sur la place Guillaume II à Luxembourg-ville.

Pour le 1er jour d'émission, Foni TISSEN avait également réalisé un autre dessin original sur carton : 170 mm x 245 mm (fig. 11), avec au verso la mention manuscrite « *à réduire au 1/3* » et au recto dans la plus grande longueur « *à réduire à 77 mm* ». Il s'agit d'un dessin au trait réalisé à l'encre de chine noire qui figure le portrait de Michel RODANGE ainsi que le RENERT en compagnie d'autres animaux – dont un éléphant –, siégeant devant le roi Lion sur un trône. Au fond à gauche, on retrouve en grisé la représentation de notre renard héroïsé assis en haut d'un édifice sur lequel est inscrit « MALEPARTUS »[2], dont la silhouette castrale fait vraisemblablement écho à la fontaine de CUROT. Dans le quart inférieur droit, cette illustration est accompagnée d'une citation extraite du « RENERT » :

> ***« Vun allen dë hei em iech***
> ***Beim Trôn am We mir stin,***
> ***Sô trei, dir weßt, Här Kinek***
> ***Aß keen, wi ech iech sin. »***

Essai de traduction : « *De tous ceux qui se tiennent près de vous afin de m'empêcher de m'approcher du trône, aucun n'est aussi fidèle, Vous le savez, Seigneur Roi, que moi.* »

1 À signaler qu'un timbre de bienfaisance Caritas consacré à Michel Rodange (fig. 10) a été émis le 5 décembre 1949 par l'Administration des postes et télécommunications luxembourgeoises.

2 Foni TISSEN fait ici écho au nom du château de la version germanophone du « *Reineke Fuchs* » publiée en 1794 par Johann Wolfgang von GOETHE (1749-1828) au lieu d'employer le terme luxembourgeois « *Malpaartes* » issu de la traduction par Michel RODANGE de « *Maupertuis* » (étymologiquement : « *mauvais trou* ») son équivalent dans les versions francophones du *Roman de Renart* inspiré des *Contes de Goupil*, ces écrits ayant des origines remontant au XIIe siècle.




*Fig. 10 – Timbres de la poste luxembourgeoise à l'effigie de Michel Rodange émis le 5.12.1949.*





*Fig. 11 – Foni TISSEN, Encre noire sur papier épais et retouches à la gouache blanche.*

Emis l'année du départ en retraite de Foni TISSEN, ce timbre-poste à l'effigie du « RENERT » fût la 29e vignette postale et avant-dernier timbre que le professeur d'éducation artistique du lycée de garçons d'Esch-sur-Alzette réalisa pour la poste luxembourgeoise. Son dernier timbre-poste, imprimé après son décès d'une crise cardiaque alors qu'il était âgé de 65 ans, sera consacré en 1975 à la « Protection civile » dont le logo perdurera jusqu'en 2018, soit 43 ans.

*Nous dédions cette notule à un ami très cher trop tôt disparu, Marcel EWERS, dont l'esprit altruiste et l'âme généreuse manquent à sa famille et à tous ses amis. Ce « Renert philanthrope de Haller » (fir aller) était un passionné de la vie et un passeur de passions, « passion » étant ici volontairement accordée au pluriel pour cet homme hors du commun si singulier. Lors de notre dernier échange, nous avions, entre autres, conversé avec enthousiasme sur l'histoire du malicieux FUUSS de Michel RODANGE et Marcel nous avait amicalement encouragé à en rédiger un texte… avec son souci légendaire de transmettre au plus grand nombre tout en veillant à assurer le lien entre toutes les générations.*

*Foni Le Brun-Ricalens et Mathieu Le Brun, petits-enfants de l'artiste*

**Bibliographie**

*KAWA-TOPOR X. 1998. De Maupertuis à Constantinople : pour une géographie du « Roman de Renart ». Mediaevistik, 11-1998, pp. 33-59.*

*KRIER F. 2011. Les noms d'animaux et de lieux dans l'épopée satirique Renert : réflexions sur la poétonomastique luxembourgeoise. Nouvelle Revue d'Onomastique, 53-2011, pp. 253-272.*

*LUXEMBURGER WORT. 1972. Honnert Joer Renert: En neie Käppchen. In : L. R. « Käppercher » Luxemburger Wort, 5.07.1972, p. 7.*

*MULLER R. 2000. Michel Rodange und die Stadt Luxemburg. Ons Stad, 63-200, pp. 20-23.*






## DIPLOMER AN DER MUSEKSSCHOUL

Den 18. November war d'Remise des diplômes vun der Regionaler Museksschoul Iechternach am Trifolion a Presenz vum Commissaire du gouvernement à l'enseignement musical, dem Här Gilles Lacour.

Dëst Joer kruten 182 Schüler am ganzen 261 Diplomer virun engem volle Sall am Trifolion iwwerreecht an dat och ëmmer jeeweils zesumme mat de politesche Vertrieder vun de verschiddene konventionéierte Gemengen.

Den Optakt vum Owend huet de Bigbrass Projekt ënner der Leedung vum Jhang Kohnen gemaach. Weider goung et dunn mat der Begréissung vum Buergermeeschter Yves Wengler, deen alle Schüler fir hir aussergewéinlech Leeschtunge gratuléiert huet an och allen Enseignanten an der Administratioun häerzlech Merci gesot huet fir hiren onermiddlechen Asaz dat ganzt Joer.

Hien huet och de Projet Judeum Epternacum vun der Stad Iechternach virgestallt an der Museksschoul hir vill musikalesch Bäiträg an évidence gesat. Duerno ass d'Zeremonie weidergaange mat Prestatioune vu ganz verschiddenen Ensembelen vu Laureaten bei deenen déi enorm grouss stilistesch Diversitéit a musikalesch Qualitéit kloer am Virdergrond stoungen. Den Ofschloss vum musikaleschen Deel huet eng Danzschülerin gemaach mat enger eegener Choreographie, déi fir de Concours crééiert gouf.

D'Directrice Nadine Eder huet der Gemeng Iechternach, alle konventionéierte Gemengen an dem Ministère de l'Education ee grousse Merci ausgeschwaat fir hir Ënnerstëtzung. Si huet déi enorm Efforten vun de Schüler gelueft an d'Wichtegkeet vum Zesummespill, vum zesumme Musek maachen, ënnerstrach an drop higewisen, dass de musikaleschen Deel vum Owend




sech doduerch dëst Joer ganz bewosst just op Ensembele beschränkt huet.

Ier et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer iwwergaangen ass, huet de Gilles Lacour d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hir Leeschtunge gelueft an huet och den Elteren hir Ënnerstëtzung an évidence gesat an hinnen e grousse Merci ausgeschwat. Hien huet der Gemeng Iechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hir finanziell Participatioun ausgedréckt an den neie Modell vum Finanzement vum Museksschoulunterrecht beliicht an d'Wichtegkeet vun der nei agefouerter Gratuitéit ënnerstrach.

**Hei sinn eis Laureatinnen a Laureaten aus der Gemeng Waldbëlleg mat hiren Auszeechnungen.**

**Lara ALMEIDA FERNANDES**: Certificat de la division inférieure
**Joy BECKER**: Certificat de la division inférieure
**Eliot MASSEN**: Diplôme du 1er cycle
**Nina MEYERS**: Certificat de la division inférieure
**Sara PEREIRA PEIXOTO**: Certificat de la 2e mention
**Ulrike SAUER**: Diplôme du 1er cycle
**Yana TZANEVSKA**: Certificat de la 2e mention

*Matgedeelt vun der*
*Regionaler Museksschoul Iechternach*

*Fotoen ©Marlene Soares.*



# LIEWEN AN DER GEMENG //
# *VIE RURALE*

## FRECKEISENER DISTILLERIE




Branntewäin huet eng laang Traditioun an der Waldbëlleger Gemeng, an där et nach virun e puer Joerzéngten eng ganz Partie Brenner gouf, déi awer mam neie Joerdausend séier verschwonne sinn. Déi lescht Waldbëlleger Dréppendeeg waren 2003, wéi een am zweete Gemengebuet vun deem Joer noliese kann.

Och um Freckeisen gouf an der Brennerei Unsen zanter Mëtt der 1970er-Jore ferm geschafft, fir d'éischt mam Uebst aus dem Bongert vum Haus Nummer 11 op der Strooss fir bei den Theinshaff. An den 1990er-Joren hat d'Brennerei esou vill Clientë kritt, datt och Uebst bäikaaft ginn ass. Mam Verkaf vum Haus war et dunn natierlech eriwwer mam Brennen.

Et ass méi ewéi erfreelech, datt déi aktuell Propriétairen vum Haus Nummer 11 um Freckeisen, Harpa Tordardottir a Romain Buchholtz, d'Traditioun erëm opgeholl hunn. Bei de ville Bränn ass déi grouss









Spezialitéit den Hondsaarsch, och Aaspel genannt, op Franséisch Néfles, déi um Néflier wuessen an a Géigenden ewéi dem Morvan Cul-de-chien genannt ginn. Op Däitsch nennt een déi Fruucht Mispel.

### Déi nei Distillerie

Geschicht: 2011 hu mir um Freckeisen en aalt Baueren-haus kaaft, an dem virdru laang eng Distillerie stoung a gebrannt gouf.

Eis war zu dem Zäitpunkt direkt kloer, dass „d'Séil" vum Haus, d'Distillerie, misst erhale bleiwen. Zemools och e Bongert mat eegenem Uebst zur Verfügung stoung.

D'Virbesëtzer vum Haus hunn eis an d'Matière vum Bren-nen ageweit a sou konnte mir zäitno mam éischte Brand starten.

Déi éischt Joren hu mir dunn, a klenge Quantitéiten, eis Freckeisener Mirabell a Quitt op enger aler Zenner-Distillerieanlag gebrannt. Dës Anlag war aus den 1930er-Joren a gouf deemools zu Dikrich an der Chaudonnerie et Fonderie „J. Zenner" gebaut. Dëst war eng einfach Anlag mat engem Helm, wou fir d'éischt e Raubrand an duerno e Feinbrand gebrannt gouf.

Wei den Zoufall et wollt hu mir 2017 eng Holstein-Brennanlag zu Rippeg ugebuede krut, déi nach an engem ganz gudden Zoustand war.

Am Joer 2017 hu mir d'Distillerie an d'Raimlechkeete komplett renovéiert, a säit 2018 brenne mir op der Kolonnenanlag.

D'Zenner-Brennanlag ass dat selwecht Joer an hir al Hee-mecht op Dikrich zréckgaangen, an zwar an den Dikricher Geschichtsmusée, a gëtt do momentan restauréiert.

Fir eist Wëssen ze verdéiwen hu mir Ufank 2018 e Fortbildungscours op der Universitéit Hohenheim ge-maach. 2020 war eng weider Brennerfortbildung op der LWG (Bayerische Landesanstalt für Weinbau und Gartenbau) a Bayern geplangt. Duerch d'Corona-Pandemie huet de Cours awer eréischt Ufank 2022 nees stattfonnt. Deen zitt sech iwwer 2 Joer a geet am Fréijoer 2023 op en Enn.

Well den Hobby vum Brennen eis ëmmer méi Spaass gemaach huet, ass folglecherweis och ëmmer méi ge-brannt ginn. Ugangs 2022 hu mir dunn decidéiert eis Produiten fir jiddereen zougänglech ze maachen a mir hu mam Verkaf vun eisen Dréppen ugefaangen.

Zu eise Produiten gehéieren déi klassesch Lëtzebuerger Uebstbränn, wéi z.B. Mirabell, Quetsch a Quidden. Mee et ginn och mol net sou gängeg Saache gebrannt, wéi z.B. eng Spackelter-, eng Beier- oder nach méi speziell eng Bettraven- oder Muertendrëpp.

**Rom Buchholtz**
Maison 11
L-7649 Freckeisen

***info@freckeisener-distillerie.lu***
***www.freckeisener-distillerie.lu***

# E PUER WUERT VUM SYNDICAT D'INITIATIVE VUN DER GEMENG WALDBËLLEG

De Syndicat d'initiative vun der Gemeng Waldbëlleg huet no enger Coronasaison 2021, dëst Joer mol nees eng méi „normal" Saison hannert sech.

Vu Januar bis November hunn net manner wéi ***1600 Kanner plus hier Jofferen/Schoulmeeschteren, resp. Educatricen an Educateuren*** de Site vun der Heringer Mille besicht. Hei goufe Bakatelieren ugebueden, wou all Kand an Erwuessenen e Brout an eng Mëtsch gebak huet, de Millekanal gouf gestaut, fir en Duckrace ze lancéieren, a si kruten eng Féierung duerch d'Millen mat engem kuerzen Mielatelier, fir ze weisen, wéi fréier op enger Millen geschafft gouf.

Heibäi gouf ***knapp 1 Tonn Miel verschafft***, wat jo och net grad näischt ass.

Net nëmmen d'Schoulaktivitéite ware gutt besicht, mee och déi nei erliefnispädagogesch Spillplaz. Hei hunn sech ab dem 1. Juli vill Schoulen aus der Géigend a Famille Rendez-vous ginn, fir sech déi eng oder aner Stonn mat dem kalen Naass ze ameséieren. Natierlech feelt et nach e bëssi u Sëtzméiglechkeeten a bei engem waarme Summer wéi dëst Joer och u Sonneschutzméiglechkeeten, mee et ka jo och net alles vun Ufank u perfekt sinn. D'Iddi war, als éischt mol erauszefanne wou d'Lafweeër vun de Kanner wieren, an dës net schonn direkt vun Ufank u mat Hecken asw. ze blockéieren.

Nom Opruff zur Biergerbedeelegung am FUUSS vum Januar 2022 goufen op verschiddene Weekender scho Beem an Hecke geplanzt. Heifir och op dëser Plaz e grousse MERCI un all déi Leit aus der Gemeng, déi bei dëser Aktivitéit eng Hand mat ugepaakt hunn.

Weider Aktioune ronderëm d'Spillplaz am Mëllerdall si fir 2023 geplangt. Esou z.B. eng Pergola opriichten a weider Planze setzen, wou mir och gären nees op d'Hëllef vun de Bierger aus der Gemeng zréckgräifen. Haalt Iech mol den Datum vum ***22. Abrëll 2023*** fräi!

Mellt Iech gäre beim Touristcenter Heringer Millen via Mail um ***info@mullerthal-millen.lu***

Nieft den Aktivitéiten an der Spillplaz war de Site nach ëm déi 30 Mol verlount, dëst fir Familljefeieren vu Firme mat iwwer 300 Leit ze feieren, oder wéinst dem Leopard Ultratrail Mëllerdall, resp. geféiert Wanderungen, esou wéi och fir Kräiderwanderungen oder d'Ouschtereeërsich. Wärend 3 Weekender am August war de Site och an eng kleng Plage verwandelt ginn, wou och Liveconcerte gespillt goufen.

Natierlech ass de Chrëschtmaart net ze vergiessen, deen all Joer den zweeten Adventsweekend stattfënnt, wou vill Wäert op de Charme an d'Gemittlechkeet geluecht gëtt wouzou d'Chaletsdierfchen, d'Dekoratioun an déi flott Beliichtung solle bäidroen.

D'Equipe vum Touristcenter huet selwer un circa 40 Versammlungen an der Regioun deelgeholl, esouwéi och u 35 anere Veranstaltungen, wéi der Adventsfënster, der







grousser Botz an der Gemeng, dem CleanupDay oder dem Dag vum Bam. Mee och am Ausland war de Syndicat vertrueden, wéi z.B. op der Caravanausstellung oder op der Tour Natur. Heizou zielt awer och e Leader-Projet mat Millen aus dem Périgord a Frankräich, bei deem och duerch eng Cooperatioun eng Millebrochure erstallt gouf, woura Millen aus der Regioun Mëllerdall beschriwwe ginn a wou och Fotoen dra sinn, wéi dës fréier ausgesinn hunn.

**<u>E puer Datumer fir d'Joer 2023:</u>**

09/04/2023 Ouschtereeërsich am Mëllerdall
23/04/2023 Kraiderwanderung am Mëllerdall

**<u>Mir sichen och nees Studente fir d'Saison 2023.</u>**

Den Touristcenter Heringer Millen bitt och fir d'Summersaison 2023 (Mee bis September) nees Studentenjobs un. Wann s du op mannst 16 Joer hues, e bëssi sproochebegaabt bass, gäre Kontakt mat Leit hues, dech an der Regioun Mëllerdall auskenns, a Freed mat Kanneranimatioun hues, da schéck deng Demande mat dengen Disponibilitéiten un den Touristcenter Heringer Millen.

***info@mullerthal-millen.lu***

Merci

*D'Equipe vum Syndicat d'initiative*
*vun der Gemeng Waldbëlleg*










# IMPRESSIOUNE VUM CHRËSCHTMAART 2022



Den 2., 3. a 4. Dezember war den traditionelle Chrëschtmaart op der Heringer Millen am Mëllerdall.

All Kamäin a Feierfaass dämpt, Holz pätscht, Musek leeft, Beem liichten. Fläisseg Ekippe bauen, kachen, baken, brutschelen, zapen, grillen, spullen, anerer laachen, proposéieren, dekoréieren a verkafen.

Schneekeg Gäscht schmaachen, knätschen, sëffelen a stralen. De Kleesche potert mat all verschotert Kand a verdeelt faarweg Tiitercher.

Deen een oder anere sicht nach e Chrëschtkaddo a fënnt och sécher eppes Léiwes fir ee Léiwen. Kanner quiitsche begeeschtert op der neier Spillplaz an am zerguttstene Bulli.

Am impressionanteste sinn déi vill frou Gesiichter, déi häerzlech Billerbuchfamilljen, blénkeg An, waarm Emaarmungen an der Keelt, wonnerschéi Cliquen aus Frënn a Kollegen, vu wäit a vun no, international Leit, fuewelzeg op eis online Fuuss-Fotoen ...

Vill glécklech Momenter op engem stëmmungsvollen, ëmmer erëm schéine Wanterfamilljefest!

E gutt neit Joër –
Bonne année –
A happy new year

*Fotoen an Text: Damaris*


















# EINBRUCHSPRÄVENTION KELLER UND GEMEINSCHAFTSGARAGEN

POLICE LËTZEBUERG

Seit einigen Monaten stellt die Polizei eine starke Zunahme an Einbrüchen in Kellerräumen und Gemeinschaftsgaragen fest.

## BEUGEN SIE VOR!

113 NOTRUF



- Öffnen Sie auf Klingeln nicht bedenkenlos die Eingangstür;
- Sperren Sie den Zugang zum privaten Keller und den Garagen immer ab;
- Bewahren Sie keine wertvollen Gegenstände im Keller und in den Garagen auf;
- Sichern Sie Fahrräder in Kellern und Garagen zusätzlich ab;
- Achten Sie auf hausfremde Personen und sprechen Sie diese an;
- Melden Sie verdächtige Beobachtungen umgehend der Polizei.

Weitere Informationen und Ratschläge erhalten Sie gratis bei der Beratungsstelle der Polizei:

**Service national de prévention de la criminalité**

(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg

WWW.POLICE.LU — ZESUMME FIR IECH

# PRÉVENTION DES CAMBRIOLAGES CAVES ET GARAGES COMMUNS

POLICE LËTZEBUERG

Depuis quelques mois, la Police constate une forte augmentation du nombre de cambriolages dans les caves et garages communs.

## MIEUX VAUT PRÉVENIR !

113 URGENCES



- N'ouvrez pas sans vérification la porte d'entrée principale de la résidence ;
- Verrouillez toujours l'accès aux caves et garages privés ;
- Ne gardez aucun objet de valeur dans les garages et caves ;
- Sécurisez les vélos de manière supplémentaire dans les caves et garages ;
- Si vous rencontrez des personnes étrangères à la résidence, n'hésitez pas à les interpeller ;
- Alertez immédiatement la Police en cas d'observations suspectes.

Pour plus d'informations et de conseils, renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :

**Service national de prévention de la criminalité**

(+352) 244 24 4033
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg

WWW.POLICE.LU

ZESUMME FIR IECH



Foto: Damaris

# KLIMAPAKT // *PACTE CLIMAT*

## KLIMABERODER

## Léif Bierger/-innen aus der Gemeng Waldbëlleg,

Virun engem Joer hunn ech mech konnte fir d'éischte Kéier als Klimapaktberoder vu der Gemeng Waldbëlleg op dëser Plaz virstellen.

An dësem Kader wëll ech Iech de Klimateam vu der Gemeng Waldbëlleg virstellen:

Vu lénks no riets: BENDER Maxime, GREISCH Jean-Paul, TOBES Romain, JÄCKEL Bernhard, MICHELS Mike, THOLL Jean-Joseph, HENX-GREISCHER Andrée, SOARES Filipe.

Et feelen op der Foto: BOONEN Serge, FEIDT Marc



*©Filipe Soares*

No dëstem éischte Joer wëll ech en Iwwerbléck iwwer de Klimapakt 2.0 ginn.

Fir d'éischt awer wëll ech fir déi gutt Zesummenaarbecht mam Klimateam, mam Schäffen- a Gemengerot a mat all de Bedeelegte souwéi fir d'Vertraue ganz häerzlech Merci soen.

Niewent enger Bestandsanalys vu de Gebaier war et eis och méiglech aner Zieler ze erreechen, wéi z.B d'Entwécklung an d'Ofstëmmung an der Gemengeverwaltung vun:

- engem Klimaleitbild;
- engem Kommunikatiounskonzept;
- Norme fir de Bau an d'Bewirtschaftung vu kommunale Gebailechkeeten a fir d'Entwécklung vun der Gemeng.

Wat Photovoltaik ubelaangt ass ee kreatiivt Konzept entwéckelt ginn, dat an der Zukunft soll ëmgesat ginn.

Waldbëlleg wäert sech och aktiv un der nationaler Energiespuerkampagne „Zesumme spueren – zesummenhalen" bedeelegen.

Als Héichpunkt vu der regionaler Zesummenaarbecht kann een d'„Assises Pacte climat" nënnen, déi den 12. November vu Waldbëlleg, den Nopeschgemengen an dem CELL (Centre for Ecological Learning Luxembourg) organiséiert goufen.

Et ass selbstverständlech, datt nach vill ze maachen ass. Eng grouss Erausfuerderung wäert wuel d'Auditéierung vu 2023 duerstellen.

Ech wënschen Iech ganz vill Erfolleg fir d'Joer 2023, mat vill Gesondheet an Optimismus fir d'Erausfuerderungen déi nach virun eis stinn ...

*Äre Klimpaktberoder,*
*Bernhard Jäckel*






# Et si vous optimisiez votre consommation d'énergie … grâce à quelques petits gestes au quotidien

En adoptant les bons gestes au quotidien, vous pouvez contribuer de manière plus consciencieuse à la protection du climat tout en réduisant vos factures d'énergie.

Si l'action des pouvoirs publics et des entreprises est centrale, en tant que citoyen vous pouvez également prendre part à la transition énergétique en réduisant vos besoins énergétiques à domicile, mais également lors de vos déplacements.

**Faire baisser votre facture de chauffage**

Que ce soit le réglage des bonnes températures dans les pièces, ne pas chauffer inutilement, aérer efficacement, placer correctement vos meubles dans votre logement ou encore l'entretien régulier de votre chaudière, tous ces gestes ne sont pas anodins. En baissant d'un degré la température de vos radiateurs, vous pouvez économiser jusqu'à 6 % sur votre facture d'énergie ! Est-il nécessaire de rappeler que l'énergie la moins chère est celle que nous ne consommons pas ?

**Économiser de l'électricité au quotidien**

Bien utiliser tous ses appareils ménagers est la première évidence pour économiser de l'énergie. Vos appareils électroménagers représentent un poste important de vos dépenses en électricité. Lorsque vous devez remplacer l'un d'eux, pensez à vous informer sur leur consommation en consultant l'étiquette énergétique européenne.

Sur oekotopten.lu, vous pouvez également retrouver une liste d'appareils plus économes pour orienter votre choix.

Vous pouvez également comparer les prix des divers fournisseurs d'électricité en utilisant la plateforme calculix.lu et ainsi opter pour le fournisseur qui répond à vos besoins.

**Mieux gérer ses déplacements**

La hausse des prix de l'énergie nous fait forcément réfléchir à faire baisser nos frais de carburant, mais optimiser ses déplacements c'est aussi contribuer à une meilleure qualité de notre air et à protéger l'environnement.

Il n'y a pas de solution magique, il est nécessaire que nous adaptions nos comportements pour non seulement réduire notre empreinte écologique mais également notre facture chaque mois : combinaison de différents moyens de transport (bus, train, vélo) au travers d'une chaîne de mobilité intelligente, encourager le covoiturage, passer à l'électrique et produire sa propre énergie à domicile grâce au photovoltaïque, adopter les bons gestes de conduite… Il existe de nombreuses solutions pour y parvenir.

Retrouvez plus d'informations sur les bons gestes à mettre en œuvre au quotidien sur la page **energie-spueren.lu** et renseignez-vous sur la campagne nationale qui encourage de façon collective les efforts de réduction d'énergie : **zesumme-spueren.lu**.

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG




# Wie wäre es, wenn Sie Ihren Energieverbrauch ... mit ein paar Handgriffen im Alltag optimieren?

Mit den richtigen Handgriffen im Alltag können Sie einen bewussten Beitrag zum Klimaschutz leisten und gleichzeitig Ihre Energierechnungen senken.

Die Maßnahmen von Behörden und Unternehmen sind zwar entscheidend, aber auch als Bürger können Sie sich an der Energiewende beteiligen, indem Sie Ihren Energiebedarf zu Hause und auch bei Ihrer Mobilität senken.

**Senken Sie Ihre Heizkosten**

Ob es nun darum geht, die richtige Temperatur in den Räumen einzustellen, nicht unnötig zu heizen, effizient zu lüften, Ihre Möbel sinnvoll in Ihrer Wohnung zu platzieren oder Ihren Heizkessel regelmäßig zu warten – alle diese Maßnahmen sind wichtig. Wenn Sie die Temperatur Ihrer Heizkörper um ein Grad senken, können Sie bis zu 6 % Ihrer Energierechnung einsparen! Die billigste Energie ist diejenige, die wir nicht verbrauchen.

**Strom sparen im Alltag**

Die richtige Nutzung all Ihrer Haushaltsgeräte ist die erste einfache Möglichkeit, Energie zu sparen. Ihre Elektrogeräte machen einen großen Teil Ihrer Stromkosten aus. Wenn Sie eines dieser Geräte ersetzen, denken Sie daran, sich vor dem Kauf mithilfe des europäischen Energielabels über den Verbrauch zu informieren.

Auf oekotopten.lu finden Sie außerdem eine Liste mit sparsameren Geräten, die Ihnen bei der Auswahl helfen kann.

Sie können auch die Preise der verschiedenen Stromanbieter mithilfe der Plattform calculix.lu vergleichen und sich so für den Anbieter entscheiden, der Ihren Bedürfnissen entspricht.

**Bessere Planung bei der Mobilität**

Die steigenden Energiepreise lassen uns automatisch darüber nachdenken, wie wir unsere Treibstoffkosten senken. Mit der Optimierung seiner Fahrten trägt man aber auch zu einer besseren Luftqualität und zum Umweltschutz bei.

Es gibt keine einfache Lösung. Wir müssen unser Verhalten anpassen, um nicht nur unseren ökologischen Fußabdruck, sondern auch unsere monatlichen Kosten zu senken: Kombinieren von verschiedenen Transportmitteln (Bus, Bahn, Fahrrad) mittels einer intelligenten Mobilitätskette, Fahrgemeinschaften fördern, auf Elektroautos umsteigen und zu Hause mithilfe von Fotovoltaikanlagen eigene Energie erzeugen sowie sein Fahrverhalten anpassen... Es gibt zahlreiche Möglichkeiten, um dieses Ziel zu erreichen.

Finden Sie weitere Informationen über die richtigen Verhaltensweisen im Alltag auf der Seite **energie-spueren.lu** und informieren Sie sich über die nationale Kampagne, die auf gemeinschaftliche Weise die Bemühungen zur Energieeinsparung fördert: **zesumme-spueren.lu.**

TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng

# TOUR DU DUERF AN DER GEMENG WALDBËLLEG

Vum 10. bis den 30. September 2022 haten d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg an de Verkéiersverbond déi 9. Editioun vun der Vëlo-Campagne TOUR du DUERF organiséiert. Dëst Joer war d'Gemeng Waldbëlleg fir déi sechste Kéier mat derbäi.

D'Ziler vun der Campagne waren, all Bierger op d'Benotzung vum Vëlo am alldeegleche Liewen ze sensibiliséieren an d'Thema Benotzung vum Vëlo verstäerkt an der Gemeng anzebréngen. D'Membere vum Gemengerot an de berodende Kommissioune konnten an Equippen, zesumme mat de Bierger aus der Gemeng, d'Pedallen drécken.

Matmaache konnten all Membere vum Gemengerot, Membere vun de berodende Kommissiounen, Awunner aus der Gemeng, Persounen déi an der Gemeng schaffen, an engem Veräin aus der Gemeng täteg sinn oder eng Schoul aus der Gemeng besichen.

Bannen 21 Deeg konnt jiddereen, individuell oder an enger Equipe, méiglechst vill Kilometere sammelen. Schoulklassen, Veräiner, Organisatiounen, Firmen asw. konnten och hir eegen Equipe zesummesetzen. Jidder Participant konnt déi klimafrëndlech Kilometer am Online-Vëloskalenner op ***www.tourduduerf.lu*** oder direkt op der Stadtradeln-App / Ville en selle-App androen.



*© Filipe Soares*

Alles an allem hunn op nationalem Niveau 73 Gemengen a Regioune beim TOUR du DUERF 2022 matgemaach, eng insgesamt 1007 Cyclisten (dorënner 77 Membere vu Gemengeréit) sinn 202.000 km gefuer.

An der Gemeng Waldbëlleg sinn 3 Teams, 19 Cyclisten an den dräi Woche 5.092 Kilometer (2017: 2.007 km; 2018: 7.280 km; 2019: 7.581 km; 2020: 8.947 km; 2021: 6.839 km) gefuer. Dobäi konnte 724 kg $CO_2$ evitéiert ginn (d'Berechnung baséiert op 142 g $CO_2$ pro Persoun/km). Dëst entsprécht der 0,13-facher Längt vum Äquator.

Domadder huet d'Gemeng Waldbëlleg gutt ofgeschloss an de verschiddene Kategorien op nationalem Niveau. Resumé vun der nationaler Auswäertung:

- An der Kategorie „ParlamentarierInnen-km" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 47. Plaz vun den insgesamt 73 Gemengen;
- An der Kategorie „Aktive ParlamentarierInnen" ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 42. Plaz vun den insgesamt 73 Gemengen;
- An der Kategorie „Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern" ass d'Gemeng Waldbëlleg mat 5.092 km op der 13. Plaz vun insgesamt 73 Gemengen;
- An der Kategorie „Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern pro EinwohnerIn" ass d'Gemeng Waldbëlleg mat 2,65 km/Awunner op der 5. Plaz vun insgesamt 73 Gemengen.

Fir dëst super Resultat e grousse Merci un all d'Participanten, fir Ären Asaz fir all eenzelne Kilometer dee pedalléiert ginn ass.

De 27. Oktober 2022 huet de Schäffen- a Gemengerot d'Vëlosfuerer, déi fir d'Gemeng Waldbëlleg gefuer sinn, geéiert. No der Begréissung vun der Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer an der Presentatioun vun de Resultater vum Ingenieur Filipe Soares krute si en Diplom iwwerreecht. Déi dräi bescht Placéiert, d'Madamm Laura Walch (979 km), den Här Sébastien Balbeur (779 km) an den Här Kevin Richard (513 km) kruten e Preis iwwerreecht.



*© David Sonnetti*

**Um Tour du Duerf 2022 hunn deelgeholl:**

- Laura Walch (979 km)
- Sébastien Balbeur (779 km)
- Kevin Richard (513 km)
- H Dietmar Schumacher
- Ulrike Sauer
- Olga Goedert
- Anne Nicolay
- David Harpes
- Jim Muttesch
- Chantal Dimmer
- Frank Thielen
- Marco Rings
- Jean-Marie Ries
- Louis Boonen
- Mike Niederweis
- Filipe Soares
- Philipp Lülsdorf
- Malou Wecker
- Marc Feidt



Den nächsten Tour du Duerf 2023 kënnt bestëmmt. Dofir wann et souwäit ass, umellen, matmaachen a Spaass hu beim Vëlofueren.

*Filipe Soares*

Foto: Damaris



# RESULTATER VUN DER $NO_2$-MIESSCAMPAGNE 2021 AN DER GEMENG WALDBËLLEG: „BESSER LOFT FIR MÉI LIEWENSQUALITÉIT“

**Mesurage de l'$NO_2$ par tubes passifs**

**Campagne Klimapakt 2021**
**Commune de Waldbillig**

| Période d'échantillonnage du | au | NCHCH01 NO2 [ug/m³] | NCHCH02 NO2 [ug/m³] | NHAER01 NO2 [ug/m³] | NMUAL01 NO2 [ug/m³] | NWALG01 NO2 [ug/m³] | NWALG02 NO2 [ug/m³] |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 06/01/2021 | 20/01/2021 | 14 | 11 | 10 | 14 | 8 | 12 |
| 20/01/2021 | 03/02/2021 | 11 | 9 | 9 | 10 | 6 | 11 |
| 03/02/2021 | 17/02/2021 | 15 | 13 | 9 | 11 | 8 | 12 |
| 17/02/2021 | 03/03/2021 | 18 | 12 | 11 | 12 | 7 | 14 |
| 03/03/2021 | 17/03/2021 | 12 | 8 | 8 | 9 | 6 | 10 |
| 17/03/2021 | 31/03/2021 | 15 | 11 | 8 | 9 | 6 | 9 |
| 31/03/2021 | 14/04/2021 | 11 | 8 | 7 | 7 | 5 | 8 |
| 14/04/2021 | 28/04/2021 | 11 | 9 | 8 | 7 | 5 | 9 |
| 28/04/2021 | 12/05/2021 | 10 | 8 | 7 | 8 | 4 | 9 |
| 12/05/2021 | 26/05/2021 | 6 | 5 | 5 | 5 | 3 | 5 |
| 26/05/2021 | 09/06/2021 | 9 | 8 | 6 | 7 | 4 | 8 |
| 09/06/2021 | 24/06/2021 | 10 | 8 | 6 | 8 | 4 | 8 |
| 24/06/2021 | 07/07/2021 | 10 | 7 | 7 | 7 | 4 | 7 |
| 07/07/2021 | 21/07/2021 | 9 | 7 | 6 | 5 | 3 | 8 |
| 21/07/2021 | 04/08/2021 | 9 | 6 | 6 | 6 | 3 | 7 |
| 04/08/2021 | 18/08/2021 | 5 | 4 | 6 | 7 | 3 | 5 |
| 18/08/2021 | 01/09/2021 | 8 | 5 | 5 | 7 | 3 | 5 |
| 01/09/2021 | 15/09/2021 | 12 | 8 | 7 | 9 | 5 | 9 |
| 15/09/2021 | 29/09/2021 | 15 | 10 | 9 | 10 | 6 | 11 |
| 29/09/2021 | 13/10/2021 | 10 | 7 | 7 | 7 | 4 | 8 |
| 13/10/2021 | 27/10/2021 | 11 | 9 | 8 | 8 | 6 | 10 |
| 27/10/2021 | 10/11/2021 | 13 | 10 | 8 | 9 | 6 | 11 |
| 10/11/2021 | 24/11/2021 | 14 | 11 | 9 | 10 | 8 | 11 |
| 24/11/2021 | 08/12/2021 | 12 | 8 | 8 | 10 | 6 | 10 |
| 08/12/2021 | 22/12/2021 | 16 | 12 | 11 | 11 | 8 | 13 |
| | | | | | | | |
| Moyenne annuelle 2021 | | 11 | 9 | 8 | 9 | 5 | 9 |

NCHCH01 6A, Moellerdallerstrooss - Christnach
NCHCH02 2, Schoulstrooss - Christnach
NHAER01 17, rue Hallerbach - Haller
NMUAL01 1, rue des Rochers - Müllerthal
NWALG01 5, A Kilker - Waldbillig
NWALG02 15A, rue de Christnach - Waldbillig

n.d. non-déterminé

Valeur limite $NO_2$: 40 µg/m³ en moyenne annuelle sur une année civile
Valeurs en orange: à titre indicatif: la valeur mensuelle dépasse la valeur limite pour la moyenne annuelle
**Valeurs sur fond rouge:** dépassement de la valeur limite de 40 µg/m³(moyenne annuelle)

Données validées au niveau final

Généré le 02/03/2022

*©Administration de l'environnement*

D'Miesscampagne huet vum 6. Januar bis den 22. Dezember 2021 stattfonnt. D'Gemeng Waldbëlleg huet 2021 fir d'zweete Kéier un der Campagne deelgeholl. Et goufe keng Iwwerschreidunge vum Grenzwäert vu 40 µg/m³ gemooss.

Am Verglach zu der Miesscampagne aus de Jore virdrun gëtt et e Réckgang vum alljärlechen Duerchschnëtt iwwer d'Joren. Et ass bemierkenswäert, datt allgemeng de Joresduerchschnëtt méi gefall ass tëscht 2020, dem éischte Joer verbonne mat der Covid-19 Pandemie, an 2021.

D'Moossname vum Teletravail an allgemeng gënschtegt Wieder hunn 2021 sécherlech zu dësem weidere Réckgang vun atmosphäresche Schuedstoffer bäigedroen.

Wéi am FUUSS 1/2022 ugekënnegt, fannt Dir hei d'Resultater vun der $NO_2$-Miesscampagne 2021.

Dee ganze Rapport fannt Dir op **www.emwelt.lu**.

D'Gemeng Waldbëlleg huet och 2022 eng drëtte Kéier un der Campagne deelgeholl. Soubal si ofgeschloss ass, ginn d'Resultater am FUUSS veräffentlecht.

*Filipe Soares*

# MËLLERDALLER KLIMA-, ENERGIE- AN ËMWELTDAG

Den 12. November war zu Waldbëlleg den éischte Mëllerdaller Klima-, Energie- an Ëmweltdag. Vill Visiteure sinn an d'Sportshal op Waldbëlleg komm an hunn aktiv um Biergerforum mat verschiddene Workshoppen zum Thema nohalteg Energie- a Ressourcennotzung deelgeholl.

Donieft sinn am „Repair Café" bei Kaffi a Kuch vill defekt Apparater an Objete reparéiert ginn.











Uschléissend konnten d'Interessenten d'Ausstellung „1001 Tonnen" besichtegen. D'Potty Lotty huet d'Geschicht vum „Monsieur Ramasse" erzielt an d'Kanner konnten um Workshop „Waste Art" deelhuelen.

Fir ofzeschléisse gouf eng Visitt guidée vun der neier Holzhackschnëtz-Heizung gemaach.

*Filipe Soares, Fotoen: ©CELL - the transition hub*

# D'HEINZELMÄNNERCHER



## Äre Service de Proximité

## *Offre spéciale de printemps / Frühlingsangebot*

---

*Associatioun fir d’Erëm-Aféierung vun Demandeurs d’emploi an de Beruff an an d’Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Travaux de jardinage**

Préparation et plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.

**Nettoyage de printemps**

Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.


### *Wir bieten an:*

**Gartenarbeiten**

Vorbereitung des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden usw.

**Frühjahrsputz**

Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten usw.



---

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 15€** par heure et salarié | pro Stunde & Mitarbeiter
**5€** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

---

# TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall – Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**

Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

# WAT ASS LASS? // *QUE FAIRE ?*

## AGENDA

Et ass an eiser Zäit net previsibel, wat an der Zukunft geschitt oder net geschitt. Dofir informéiert Iech de Moment selwer fir d'Evenementer an der Gemeng um Internet-Site vun der Gemeng Waldbëlleg: ***https://waldbillig.lu*** am Kapitel Loisirs an der Rubrik Agenda.

Ganz wichteg: D'Veräiner kënnen a sollen hir Aktivitéiten selwer androen.

**Virgesinn ass elo, de Moment wou de FUUSS an den Drock geet, dat heiten:**

***donneschdes, 26. Januar, 10:50 - 11:20:***
Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain

***freides 27. bis sonndes 29. Januar:***
Aarbechtsgrupp Cailloux an de Lokaler vun der Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. an der Waldbëlleger Sportshal. Jiddweree ka kommen: ***www.prehistoire.lu***

***donneschdes, 23. Februar, 10:50 - 11:20:***
Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain

***donneschdes, 16. Mäerz, 10:50 - 11:20:***
Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain

***sonndes, 19. Mäerz, 17 Auer:***
Concert vun den Uergelfrënn an der Waldbëlleger Kierch „Händel und seine Zeitgenossen" mat Jehanne Strepenne (Gei), Sylvie Langehegermann (Sopran), Beate Wins (Gamba) a Rosch Mirkes (Uergel)

***samschdes, 25. Mäerz:***
Grouss Botz an der Gemeng

***donneschdes, 30 Mäerz, 14:00 - 18:00 Auer:***
Quiznomëtteg am Veräinsbau zu Chrëschtnech, organiséiert vum Club Senior An der Loupescht

***sonndes, 9. Abrëll:*** Ouschtereeërsich am Mëllerdall.
***info@mullerthal-millen.lu***

***méindes, 17. Abrëll:***
leschten Termin fir Net-Lëtzebuerger, fir sech an d'Wielerlëschten anzedroen, op der Gemeng oder op ***www.guichet.lu***

***donneschdes, 20. Abrëll, 10:50 - 11:20:***
Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain

***samschdes, 22. Abrëll:*** Bierger hëllefe bei der Spillplaz am Mëllerdall eng Pergola opriichten, Planze setzen.
***info@mullerthal-millen.lu***


*Foto: Damaris*

***sonndes, 23. Abrëll:*** Kraiderwanderung am Mëllerdall.
***info@mullerthal-millen.lu***

***donneschdes, 11. Mee, 10:50 - 11:20:***
Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain

***donneschdes, 8. Juni, 10:50 - 11:20:***
Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain

***sonndes, 11. Juni:***
Gemengewalen

## Gemengerot

D'Sëtzunge vum Gemengerot sinn ëffentlech. Si sinn am Hentgesbau am grousse Sall. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen.

Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Raider op ***https://waldbillig.lu*** ënner Quotidien. Do steet och den Ordre du jour.

**Virgesi sinn déi heiten Terminer:**

- Mëttwoch, 22. Februar, um 19:00 Auer
- Dënschdeg, 27. Mäerz, um 18:00 Auer



## D'Restauranten an der Gemeng

- De Restaurant an der **Heringer Millen** am Mëllerdall mécht de 27. Januar erëm op, vu mëttwochs bis sonndes. Et gëtt vun 12:00 bis 21:00 Auer ze iessen (sonndes bis 17:00 Auer)

  Telefon: 26 78 47 17
  E-Mail: *info@heringermillen.lu*
  *http://heringermillen.lu/*

- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall mécht am Mäerz erëm op.

  Telefon: 79 94 95
  E-Mail: *cigalon@pt.lu*
  *www.lecigalon.lu*

- De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iessen op Bestellung.

  Telefon: 621 31 83 69

*Foto: Damaris*



DE FUUSS

**als PDF online!**



*Foto: Damaris*

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG